De Louis

De Schierener Buet

No 35 • September 2011

De Schierener Buet

No 35 • September 2011

Titelfoto

Nodeems et un der Zäit war d'Fassad vum Clubhouse nei ze maachen huet d'Gemeng dervu profitéiert fir op d'Säit vum Dépôt den neien Logo vun der Gemeng drop ze maachen. An dat mannst wat ee ka soen ass dass dat eng gutt Iddi war. Elo gesäit ee scho vu wäitem de Schrëftzuch Schieren, op een zu Fouss, mam Velo, Auto oder souguer Zuch laanscht fiert... deen op de Football geet oder bei den Tennis, kann en nach vu méi no inspizéieren.

Redaktioun an Zesummensetzung

Guy BERWICK, Mil GOERENS, Camille PLETSCHETTE

Entworf vum Deckel

Camille SCHAUL

Fir d'Fotoen soe mir villmols Merci dem:

Camille Schaul, Raymond Hess, Luc Schumacher, Myriam Sturen, Vic Fischbach, Mil Tibessart, Arlette Bley, Mil Goerens, Guy Berwick, Gréitchen Bertemes, Josiane Gillen, Jos Lutgen, Nico Garson, Camille Pletschette, Maggy Meisch, Ben Schmit an d'Léierpersonal.

Drock

Imprimerie EXE, Troisvierges

Oplo

650

Präiss

Eenzelnummer 5 €, Abonnement 15 €

De Schäfferot iwwerhëllt d'Responsabilitéit vun den Artikelen.

e-mail: de.louis@gmx.net

An dëser Nummer

Gemengerotsberichter. Séances du:

– 17.05.2011 1

– 14.06.2011 2

– 21.06.2011 2

Volleksfest 3

Porte ouverte Crêche an Rousennascht 7

Nationalfeierdag 8

Pressekonferenz vum Sicona-Centre,
Dënschdeg den 21. Juni 2011 zu Schieren 10

Neies vum Tennisclub 12

Musek 13

Football 19

Pompjeeën 22

Gaart an Heem 23

Neies aus der Par 30

Frënn vum 3ten Alter 34

Gesank 35

Jugend 36

D'Schoulklassen 37

Al Schoulklassen 45

Eis kleng Lieser schreiwen 47

Amicale des Enrolés de Force 49

Ee Schierener erënnert sech u seng Kannerzäit 49

Manifestatiounskalenner Oktober - Dezember 2011 61

GEMENGEROTSBERICHTER

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **17.05.2011**

Présents:

M. Marc SCHMITZ, bourgmestre, Mme Juliette KEMP-WEBER et Raymond SACHSEN échevins – MM. Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Jean-Claude JUNG, Norbert SIMON, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absent excusé : –

De Restantenetat, dee vum Gemengereceveur fir den Exercice 2010 opgestallt gouf, beleeft sech op een Total vun 26.144.08 €. Déchargen an Héicht vun 449,07 € sinn accordéiert ginn.

De Konsell approuvéiert mat 7 Stëmmen an der Géigestëmm vum Konselljee C.Pletschette en Deelbebauungsplang vun der Sociétéit C.D.P an der Haaptstrooss op Nummer 88.

An der Rue des Jardins ass eng Parzell innerhalb vum Perimeter aus der Zone d'Aménagement Différé an d'Zone d'habitation à faible densité-(secteur C) ëmklasséiert ginn. Sou kann d'Gemeng engem Bauuntrag an der Rue des Jardins nokommen.

D'Konte vum Office Social aus de Joeren 2009 an 2010 sinn arrêtéiert ginn mat engem Boni/Mali vun ± 0 €. Bekanntlech läit di zoukënfteg Gestioun vun der Sozialpolitik an den Hänn vum regionalen Office Social „Nordstad" zu Ettelbréck.

En notariellen Akt mat dem Konsortium Bertemes/Meisch betreffend d'Oftrieden vun ëffentleche Parzellen am Lotissement „Am Paesch" ass am Sënn vum Bebauungsgesetz ënnerzeechent ginn.

E weideren notariellen Akt betreffend de; Verkaf vum Gemengegebai an der Huelscheck (Rue de l'Abattoir) un de Fonds de Logement zum Präis vun 100.000 € ass guttgeheescht ginn. Sou hëlleft d'Schierener Gemeng dem Staat an senger Promotioun fir soziale Wunnengsbau.

Am Kader vum Artikel 38 vum Waassergesetz vum 19 Dezember 2008 gëtt de Konsell säin Avis zu den Héichwaasserkarten of. Verschidden nit onbedeitend Remarquë konnten dem Ministère op deem Wee zougestallt ginn.

En Devis an Héicht vun 225.000 € fir den ale Gemengenatelier zum Veräins a Festsall ëmzebaue gëtt festgehal. Dësen neie Sall soll de Veräiner dann als Iwwergangsléisung dénge wa spéider di al Strukturen op der Haaptstrooss an an der Rue du Moulin entweder nei gebaut oder ëmgebaut solle ginn, wat mat engem enormen Zäitopwand wäert verbonne sinn. Di éischt Aarbechte wäerten dann och schonns am Summer ulafen.

L'Etat des Restants à recouvrer dressé par le receveur communal à la fin de l'exercice 2010 est arrêté à un total de 26.144.08 €. Décharge est accordée pour un montant total de 449.07 €.

Le projet d'aménagement particulier « Oberschieren » présenté par C.D.P. s.a. concernant des terrains à Schieren rte de Luxembourg no 88 est approuvé définitivement par le conseil communal par 7 voix contre le vote du conseiller C.Pletschette.

Une parcelle sise rue des Jardins à Schieren a été reclassée de la Zone d'aménagement différé en zone d'habitation à faible densité-secteur C afin de répondre à une demande en construction en la même Rue des Jardins.

Les comptes de l'Office Social communal des exercices 2009 et 2010 sont arrêtés à un Boni /Mali de ± 0 €. La future gestion de la politique sociale sera assurée par l'Office Social Régional de la Nordstad à Ettelbruck.

Le conseil approuve l'acte notarié entre la Commune de Schieren et les consorts Bertemes / Meisch relatif à la cession des fonds au lotissement « Am Paesch » en application de la loi sur l'aménagement communal.

La Commune de Schieren cède l'ancienne salle de fêtes /salle de musique dans la Rue de l'Abattoir au Fonds de Logement afin d'aider à promouvoir la construction de logements sociaux. Le prix de vente est acté à 100.000 €.

Le conseil communal formule son avis relatif aux cartes des risques d'inondation conformément à l'article 38 de la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau. Ainsi diverses remarques et observations ont pu être adressées à l 'Administration de la Gestion de l'Eau.

Le conseil communal approuve le devis relatif à la transformation de l'ancien atelier en centre sociétaire. En effet les travaux de transformation et/ou d'agrandissement des salles des fêtes existantes risquent de bloquer les sociétés locales dans leurs activités pendant un délai assez considérable de sorte que le collège échevinal a proposé d'aménager un local approprié dans l'ancien atelier communal. Le devis s'élève à une dépense total de 225.000 € et les services communaux vont procéder aux travaux préliminaires dès le début des vacances d'été.

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **14.06.2011**

Présents:

Mme Juliette KEMP-WEBER et Raymond SACHSEN échevins – MM. Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Jean-Claude JUNG, Norbert SIMON, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absent excusé : *M. Marc SCHMITZ, bourgmestre*

Well all di Kandidaten, déi sech op e Posten an de Cyclen 2-4 vun der Schierener Schoul gemellt haten, hir Prioritéiten an aner Gemenge fixéiert haten, konnt kee Poste besat ginn.

D'Schoulorganisatioun fir 2011/2012 gouf mat de Stëmme vun de Hären Berwick, Goncalves, Jung, Sachsen a Simon verworf an op eng spéider Sitzung verluecht well nach eng ganz Rei Positiounen ze regele bloufen.

Attendu que les candidats au poste vacant d'enseignant(e) aux cycles 2-4 de l'école fondamentale de Schieren avaient fixé leurs priorités dans d'autres communes.

L'approbation sur l'organisation scolaire 2011 / 2012 est refusée avec le voix de MM Berwick, Goncalves, Jung, Sachsen et Simon et est reportée à une séance ultérieure en raison d'un certain nombre d'incertitudes logistiques.

EXTRAIT AU REGISTRE DES DÉLIBÉRATIONS DU CONSEIL COMMUNAL DE SCHIEREN

Séance publique du: **21.06.2011**

Présents:

M. Marc SCHMITZ, bourgmestre - Mme Juliette KEMP-WEBER et Raymond SACHSEN échevins – MM. Camille PLETSCHETTE, Patrick BERWICK, Carlos GONCALVES LEITE, Jean-Claude JUNG, Norbert SIMON, conseillers - Camille SCHAUL, secrétaire communal.

Absent excusé : –

De Konsell stëmmt provisoresch eng Deel - Ëmännerung vum Bebauungsplang, déi am Kader vun der Vergréisserung vum Ettelbrécker Schluechthaus néideg gi war. Den Dossier vun der strategescher Emweltpréifung ass am selwechte Kontext gestëmmt ginn.

Eestëmmeg ugeholl gouf e Compromis deen de Schäfferot den 07.06.2011 mam Propriétaire Nico MOHR-KAHLEN vu Steesel ausgehandelt hat fir de Kaf vun engem Terrain zu Nidderschieren mat enger Gesamtgréisst vun 60,30 Ar zum Präis vun 1.600.000 Euro. Et handelt sech heibäi em deen Terrain mat deem ale Bauerenhaus op no 79, dee sech vun der Haaptstrooss rop laanscht d'Kierch an de Gemengepark.bis bei d'Schoul; erstreckt.

D'Schoulorganisatioun fir 2011/2012 ass ugeholl ginn mat der Enthalung vum Konselljee P.Berwick a mat de Géigestëmmen vun den Häeren Goncalves Carlos a Simon Norbert. Zesumme mat dëser Organisatioun goufen och nach de «plan de réussite scolaire 2010-2014» an d'Permutatiounsreglement vum Léierpersonal, déi vum Schoulcomité ausgeschafft waren ugeholl.

Le conseil communal approuve provisoirement une modification partielle du Plan d'Aménagement Général dans le cadre de l'agrandissement de l'Abattoir d'Ettelbruck tout comme le dossier portant sur la première partie de l'évaluation environnementale stratégique (SUP),

Un compromis du vente du 07.06.20011 entre la commune de Schieren et le sieur Nico MOHR-KAHLEN de Steinsel relatif à la vente d'une propriété »Niederschieren » d'une superficie totale de 60,30 ares pour le prix de vente de 1.600.000 euros est unanimement approuvé. Il s'agit en l'occurrence d'un terrain qui s'étend de la route de Luxembourg jusqu'à l'école et longeant les fonds de l'église et du parc communal.

L'organisation scolaire 2011 / 2012 est arrêtée contre les voix de MM Simon Norbert et Goncalves Carlos avec l'abstention de M. P.Berwick. Le plan de réussite scolaire 2010-2014 et le règlement d'occupation des postes du personnel enseignant de l'école fondamentale Schieren sont approuvés unanimement.

L'organisation scolaire 2011/2012 en résumé :

CYCLE 1 PRECOCE - PRESCOLAIRE

HEURES DE CLASSE suivant horaire - type :

mardi & jeudi	08:00 – 12.00	
lundi , mercredi , vendredi	08:00 – 12.00	14:00 - 16:00

REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS

Siège de la classe	*Total*	*titulaires*
CYCLE 1 - PRECOCE	15	LEONE Rosanne- titulaire GEIBEN Stéphanie, éducatrice
CYCLE 1 - PRESCOLAIRE	14	LUDOVICY Véronique
	15	MEIERS Nathalie
		RODRIGUES DE BARROS Paula, 3e intervenant du team
Total :		**44**

CYCLES 2-4 / PRIMAIRE 2010/2011

REPARTITION DES CLASSES ET DES ENFANTS
Bâtiment scolaire à L-9117 Schieren, Cité Saint Blaise 10

classe	*1ère*	*2e*	*3e*	*4e*	*5e*	*6e*	*Total*	*Noms et prénoms des titulaires :*
CYCLE 2/1	14						14	WEBER Blanche
CYCLE2/2		18					18	LEONE Giuseppina
CYCLE 2	3e inervenant au team							HOFFMANN Pascal
CYCLE 3/1			17				17	1. BREUER Jo
CYCLE 3/2				20			20	2. STÜREN Myriam
CYCLE 3	3e inervenant au team							*A déterminer*
CYCLE 4/1a					19		19	*A déterminer*
CYCLE 4/1b						14	14	KEMPA Joseph
CYCLE 4/2						14	14	RICHARTZ Diane
CYCLE 4	3e inervenant au team							DONDLINGER Jeanne
Total :	**14**	**18**	**17**	**20**	**19**	**28**	**116**	

A déterminer	Surnuméraire branches expressives / cours de morale
A déterminer	Surnuméraire branches expressives / cours de morale
A déterminer	Surnuméraire branches expressives /cours d'appui

VOLLEKSFEST

Den 18. Juni war dat zweet Schierener Volleksfest op dem Areal vun de Schoulen an dem fréieren Paschtoueschpesch, wat sech fir sou eng Zort vun Manifestatiounen optimal eegent. Et war ee gespaant wéi sech di zweet Editioun géif présentéieren an ob sech den Elan vun där éischter Kéier géng widderhuelen. Obee, eng ganz Partie Parallellen zum leschte Joer konnte ee feststellen.

Fir d'éischt war d'Wieder grad esou onberechenbar wéi 2010, am Nomëtteg gouf et eng déck Schauer mat Knëppelsteng, an och owes huet et nach e puer Mol gesabbelt, dat huet awer den Intressi vun den Duerfleit nit gebremst, an et konnt een souguer eng grouss Zuel vu Visiteuren aus den Nopeschuertschaften gesinn.

Um halwer fënnef war di offiziell Ouvertüre, wou d'Schäffin Juliette Kemp d'Leit begréisst huet.

Léif alleguer,

Am Numm vun der Kultur- a Sportkommissioun begréissen ech iech ganz häerzlech hei zu Schieren op der 2. Editioun vun eisem Volleksfest.

No der gelongener Première vum leschte Joer hu mir e Feedback gemeet mat eise Veräiner a kruten unanime gréng Luucht fir dës 2. Editioun op d'Been ze stellen.

Mat vollem Elan si vum leschten Hierscht un éischt Virbereedunge getraff an éischt Engagementer geholl ginn.

Vun eiser Auslännerkommissioun krute mir och déi gewinnten Ënnerstëtzung.

Effektiv ass de Weekend virun eisem Nationalfeierdag deen optimale Moment fir sou een Evenement op d'Been ze stellen, wou all Bierger, onofhängeg vu senger Nationalitéit, sech un eisem Fest bedeelege kann.

Wat lo d'Organisatioun vum Fest betrëfft, hu mir all Eventualitéit mat agerechent.
Deen enzege Volet, op dee mir keen Afloss hunn, ass d'Wieder. Dat musse mir nun eben huele wéi et kënnt. Loosse mir eis awer doduerch eis gutt Laun nit verdierwen…

Als Ofschloss wëll ech nach all deene Leit merci soen, déi zum Gelénge vun eisem Volleksfest bäidroen.

Merci virop eise Veräiner, déi sech praktesch alleguer mat enger Aktivitéit hei bedeelegen.

Dass d'Entente grouss geschriwwen ass, dat huet e gëschter gesinn, wéi beim Opbau hei am Haff an am Park d'Zesummenaarbecht exemplaresch war.

Merci deene Sympathisanten, déi, ouni direkt Member vun engem Veräin ze sinn, spontan hir Hëllef ugebueden hunn.

Merci eise Sponsoren, déi eis mat hirer Ënnerstëtzung hëllefen, een Deel vun de Käschten vun haut ze decken.

Ee spezielle merci dem administrativen an dem techneschen Service vun der Gemeng an dann awer och een décken, décke merci de Kollegen aus dem Regiebetrib, déi vollengagéiert sinn fir hiert Fest z'organiséieren.

Ganz erfreet ware mir, dass d'Kanner aus dem cycle 3 vun der Schierener Schoul aktiv matschaffen , andeems si hir Biller haut ausstellen an zum Verkaf ubidden.

Spontan hunn och déi Verantwortlech aus der crèche Bimbam an aus der Maison Relais Rousennascht hir Mathëllef ugebueden.

Gutt Laun ass jo souwisou um Rendez-vous, mee d'Clownen vun der Ile aux clowns bréngen zousätzlech Stëmmung ënnert d'Visiteuren.

De Programm ass lo folgenden:

Vun elo un bis ca 19:45 Concerten an Danz vun de Gruppen.

D'Gruppen Capo Samba
Concertinas de Schieren
Etoile du Cap vert
Traditionnel du Nord

Da géint 20.00 Auer live music mat de VV's

Géint 21.00 Auer Käptän Ändä

Ab 23.00 Auer fräi Nuecht mam DJ Dee

Animatioun ass zousätzlech um ganze Site ugebueden.
D'Gewënner vum Torwandschéissen, vum Petanque Tournoi a vum Shootcontest kréie Präisser…

Sou, dat wir et vu mir… Mir wënschen iech lo alleguer vill Amusement a loosst eech déi national an international Spezialitéite gutt schmaachen.

Pour clôturer, chers amis francophones, je laisse la parole à notre ami Carlos qui va vous adresser les mots de bienvenue…

Duerno huet de President vun der Auslännerkommissioun, de Carlos Leite, d'Visiteuren op Franséisch begréisst.

Bonjour à vous tous ici présents,

Nous, la commission de la culture et la commission des étrangers avec la participation des associations de Schieren sommes très heureux de vous accueillir tous ici pour la célébration de notre fête populaire.
Pour l'histoire, l'objectif principal de cette fête populaire est de réunir les habitants de nationalité et village confondus afin de renforcer le lien social en partageant un peu de culture, de musique ou encore d'autres activités.
Je ne veux pas m'attarder avec un grand discours mais on tient par la présente à remercier la mairie pour la disponibilité du site ainsi que pour le support obtenu.
Un grand merci aussi aux employés de la mairie pour l'aide fournie lors de la préparation de la fête et déjà un merci d'avance pour le travail qu'ils vont effectuer demain matin.
Une fête de cette ampleur ne serait pas possible sans la contribution des Sponsors. Merci à eux aussi.
Je tiens personnellement à remercier tous les groupes musicaux pour leur présence ici à Schieren.
Pour finir, je me permets d'attribuer un dernier merci pour la bonne collaboration avec la commission des cultures, les membres des associations diverses, ainsi que les membres de la commission des étrangers.
On vous souhaite à tous de passer un moment chaleureux ici à Schieren et que cette deuxième édition soit un succès.

Si j'ai oublié de remercier quelqu'un, je m'excuse d'avance. Merci pour votre attention et bonne fête.

No deenen offizielle Rieden konnt et dunn lassgoen, an als éischt Attraktioun gouf et Muséks- an Danzeinlagen vu 4 capverdianeschen a portuguiesesche Gruppen, déi hir Heemecht mat dëse Manifestatiounen ëmmer rëm opliewe loossen. Duerno war et den Tour vun den Orchesteren, ugefaang mat der Live Band the VV's, an där erfreelecherweis och 3 Schierener Bierger matgespillt hunn an zwar Dan Lutgen, Jean-Claude Jung an Hans Wiren. Viru gefuer ass dunn de Käptän Ändä a Matrous K1000 mam Leadsänger Camille Ney, beschtens bekannt vu Vakanzemissiounen op RTL, déi Stëmmungsmusek wéi op der Päischtcroisière fir all Alter virgedroen hunn. Zum Schluss huet den DJ Dee iwwerholl, sou dat och di vill Jugendlech nach op hir Käschte komm sinn.

Leider war och dëst Joer dat gutt Summerwieder net um Rendezvous, mee och dat huet der gudder Ambiance keen Ofbroch gedoen. Zwëschent all deenen Danz- a Musekprestatiounen konnt een beim Facepainting laanscht goen, sech beim Torwandschéissen probéieren oder ganz einfach sech eng oder di aner Spezialitéit vum Iessen a Gedrénks schmaache loossen. Fir zousätzlech Amusement fir di Kleng hunn och d'Clownen vun der Ile aux Clowns gesuergt.
Eng vun den Attraktiounen dëst Joer um Programm war awer ouni Zweifel d'Ausstellung vun Tableauën aus dem Cycle 3 vun der Grondschoul, wou dës jonk Kënschtler mat enger erstaunlecher Kreativitéit opgewaart hunn.

3 vun de jonke Kënschtler bei der Aarbecht

Si haten am Laf vum Joer vu 5 Hobbykënschtlerinnen Mëttwochs Mëttes verschidden Techniquen gewise kritt a vun hinnen hu si och Uleedungen beim Mole kritt. Am neie Pavillon vun der Schierener Schoul konnten d'Leit sech du vun de groussen Talenter vun de jonke Kënschtler iwwerzeegen. Ënnert der Regie vun der Joffer Myriam Stüren hunn 38 Kanner nit manner wéi 111 Tableauen zu alle méiglechen Sujeten gemoolt. Hir Biller krut een och ze kafen, an et ass och nit verwonnerlech datt haaptsächlech d'Eltere vun de Kanner sech et nit huele gelooss hunn, d'Konschtwierker vun hire Kanner mat heem ze huelen. Ervir ze hiewen bleiwt awer och datt den Erléis vun dëser Aktioun fir e gudden Zweck gespend gëtt.

Groussen Uklang huet dëst Joer och rëm eng Kéier de Pétanque-tournéier fonnt, wou d'Eliminatoire schon an der Woch virdrun ausgedroe goufen. Just d'Finalen goufen um Samsdeg gespillt. Wann ee gesinn huet mat war fir enger Begeeschterong an Engagement di verschidden Akteuren dobäi waren, kann een nëmmen dem Bartholmé's Raym seng Gedold als Arbiter bewonneren.

Boule-Tournéier

Mëttwochs, den 15. an Donneschdes, den 16. Juni 2011 haten sech eng Partie Leit hannert der Kierch rendez-vous op der Boulepist ginn.

Et war nämlich en klengt Boule-Tounéier am Kader vum Volleksfest organiséiert ginn, wou jiddereen sech konnt mellen fir matzespillen.

Während 2 flotten Owender hunn déi eng fir d'Klassement gespillt an déi aner hu se ugefeiert.
Fir Iessen an Drenken war natierlech och beschtens gesuergt.

Samschdes, den 18. Juni 2011, um Daag vum Volleksfest sinn d'Finale gespillt ginn. Jiddereen kont sech op der Pist dervun iwwerzeegen.

Déi kleng Final fir déi 3-5 Plaz war schnell an ouni vill Diskussiounen gespillt. Awer dono goung et lass. Net manner wéi 2.5 Stonn huet d'Final gedauert an dat net well et zevill gereent huet, nee, dëst Spill war Millimeteraarbecht a Spannung bis déi lescht Boule.

Kleng Final:

5. Plaz: Equipe Rose
4. Plaz: Equipe Gemeng II
3. Plaz: Equipe Jessi

Final:
Equipe Romain – Equipe Gemeng I

2 - 9
9 - 3
9 - 7

Bis spéit an d'Nuecht huet Jonk an Al sech hei gutt amuséiert, et ware souguer och vill Jugendlecher aus den Nopeschuertschafte vertrueden. Duerch hir massiv Präsenz hunn d'Leit gewisen datt si sech schon op di nei Editioun vun 2012 freeën.



PORTE OUVERTE CRÊCHE AN ROUSENNASCHT

Besuch im „Rousennascht“

Schierens Kinderbetreuungsstrukturen stellten sich vor

In den beiden Kinderbetreuungsstrukturen *in Schieren sind die Kinder gut aufgehoben.* *(FOTO: ARLETTE SCHMIT)*

Im Auftrag der Gemeinde Schieren bietet der Sozialdienst „elisabeth“, der sich u.a. auch im Kinder- und Jugendbereich spezialisiert hat, in der „Crèche Bim Bam“ sowie in der „Maison relais Rousennascht“ eine Tagesbetreuung für Kinder zwischen zwei Monaten und vier Jahren, resp. vier und zwölf Jahren an.

Im Rahmen eines Tages der offenen Tür lud der Dienst zur Besichtigung der beiden Strukturen ein, wobei sich Interessierte auch über die Ziele der angebotenen Aktivitäten informieren konnten. Im August 2009 nahm die „Crèche Bim Bam“, die der örtlichen Bevölkerung die Möglichkeit bietet, Familie und Arbeitsleben miteinander in Einklang zu bringen, die ersten Kinder auf. Heute besuchen 50 Kinder die 33 Plätze der Kindertagesstätte, die von Anne Weicker geleitet wird.

Seit Januar dieses Jahres wird das Angebot durch die neue „Maison relais Rousennascht“ vervollständigt, die mehr als eine außerschulische Beaufsichtigung ist, sondern den Kindern eine pädagogische Begleitung bietet. Bisher besuchen 79 Kinder die Struktur, die für 100 Kinder ausgerichtet und die unter der Leitung von Christine Dielissen steht.

Leider war das Interesse an der „Porte ouverte“ vom vergangenen Freitag nicht so groß wie gewünscht, was wohl daran lag, dass beide Strukturen der Bevölkerung bereits mehrmals Einblick in ihre Arbeit gewährt hatten. (ast)

NATIONALFEIERDAG

Den 23. Juni war di traditionnell Zeremonie fir den Nationalfeierdag, et ass ugaang mam feierlechen Te Deum an der Kierch, un deem nieft dem Schäffen- a Gemengerot mat der Administratioun an de Leit aus dem Regiebetrib nach deelgeholl hunn :

- eng Delegatioun vum Léierpersonal
- d'Chorale St. Cécile fir di gesanglech Begleedung
- d' Schierener Musek fir de musikaleschen Encadrement
- d' Pompjeeën

Nit allzevill Leit haten sech an der Kierch afonnt, wou de Paschtouer Romain Gillen nom Wilhelmus a senger Usprooch drop higewisen huet dat et 2011 fir di 50. Kéier ass wou den Nationalfeierdag op den 23. Juni gefeiert gouf. Di eeler Leit kënnen sech sécher drun erënneren dat des Feier bis 1961 um 23. Januar ofgehal gouf, mee duerno wéinst den dacks méi schwierege Wiederkonditiounen an de Summer verluegt gouf. Hien huet d'Leit drun erënnert dat, ënner dem Aspekt vu politeschen Onrouen an Nordafrika an am Noen Osten, a vu finanzielle Problemer haaptsächlech am Süden vun der EU, mir eis hei kënne glécklech schätzen, a Fräiheet a Wuelstand kënnen ze liewen.

Mat der Begleedung vun de Klacken an de Massendénger hire Schellen gouf dunn den Te Deum gesong, an duerno hunn de Joe Kayser an den Rafael Augusto op hiren Trompetten eng meeschterhaft Sonnerie Nationale virgedroen. Nom Tantum Ergo an der Heemecht war di kierchlech Feier eriwwer an d'Leit sinn duerno an de Festsall gaang wou de Buergermeeschter Marc Schmitz no enger Introduktioun vun der Musek seng Usprooch gehal huet :

Léif Schierener,
Léif Lëtzebuerger,
Dir Dammen an dir Hären,
Ech si frou, Iech haut um Nationaleierdag hei kënnen ze begréissen, fir een Dag ze feieren, dee fest an eisen Traditiounen verwuerzelt ass an dee fir eist Land grad wéi och fir séng Bierger eng ganz déiw Bedeitung huet.
Dofir géife mer och fir d'alleréischt un eise Grand-Duc denken an un déi grousherzoglech Famill déi de Garant vun eiser Natioun an eiser Onofhängegkeet sinn.
Ech géif mer an ärem Numm erlaben fir eisem Grand-Duc an sénger Famill eise Respekt, eis Dankbarkeet an eis bescht Wënsch auszespriechen
Grad op engem Dag wéi haut muss et äis geléngen, iwwer déi national Grenzen ewegzekucken. Dëst ass eng Tugend op déi mer äis an der Vergangenheet ëmmer konnte stäipen an déi äis och ëmmer zegutt komm ass.
Als Grënnungsmember vun der europäscher Unioun huet Lëtzebuerg an de leschte Joerzengten déi néideg Impulser gesat fir dem vereenten Europa eng Chance ze ginn.
Et dierft kengem vun äis entgaange sinn, dass Europa an de leschte Méint méi dacks mat negative Schlagzeilen opgefall ass; a regelméissegen Ofstänn gëtt iwwert Milliardescholden vun europäeschen Memberlänner débattéiert.
D'Vergaangenheet huet méi wéi eemol bewisen, dass mer grad an dëse méi turbulenten Zäiten musse beienee stoen fir zesummen aus dëse Krisen erauszekommen.
Europa ass ganz wichteg fir eist Lëtzebuerger Land, a grad dofir musse Lektiounen aus der aktueller Situatioun gezu ginn fir déi richteg Hiewelen unzesetzen fir een zukunftsfäegt Europa ze gestalten dat alle Bierger déiselwescht Chance gëtt.
Mir hunn dofir Suerg ze droen, dass jiddfereen op dësem Kontinent respektéiert gëtt a seng gläichberechtegt Plaz an der Gesellschaft huet, egal vu wou e kënnt, egal wéi en ausgesäit, egal wéi en denkt oder wat en schwetzt. Et gëllt, d'Solidaritéit mateeneen z'ënnerstëtzen an ze fuerderen, den Näid ënnereneen muss dofir awer op der Säit gelooss ginn.

Op internationalem Plang war dat lescht Joer ganz mouvemen téiert an huet eis Europäer klor virun Aen gefouert, dass mer am Fong geholl mat eiser Situatioun zefridde solle sinn an dass mer vläicht heiansdo vergiessen wéi gutt et eis u sech geet.
An Nordafrika hunn d'Mënschen sech fir hir Grondrechter ages at, se sinn géint diktatoresch Regimer op d'Strooss gaang a vill vun hinnen hunn een deiere Präis dofir missen bezuelen. Et ass och bis elo nach laang net an alle Länner eriwwer mat der Ennerdréckung an duerch d'Medien kann een dagdäglech verfollegen, wéi elementär Fräiheeten vum Mënsch op verschidde Plazen an der Welt mat Féiss getrëppelt ginn. Dofir solle mir haut op eisem Nationalfeierdag och un dës Léit denken an eis sëlwer glécklech schätzen dass mir an engem fräie Land liewen an dass eis Kanner an engem friddlechen Europa eng fair Zukunftsvisioun kënnen hunn. Fräiheet hunn verpflicht och no baussen vis-à-vis vun deenen déi si net hunn!
An deem leschte Joer huet d'Welt awer och gewise kritt dass de Mënsch d'Natur net kontrolléiere kann. Duerch dat schrecklecht Erdbiewen a Japan goufen dausende Mënschen vun engem Dag op deen anere komplett aus hirem Konzept gehäit an Fukushima huet eis drun erënnert wéi geféierlech an onbeherrschbar d'Atomenergie ass. Am Energieberäich muss sech eppes änneren.
Mee et geet net duer sech e Sticker op de Paltong ze spéngelen, mee et muss gehandelt ginn andeems mer an zousätzlech an erneierbar Energien investéieren.
Op dësem Nationalfeierdag ass et garantéiert och net jiddferengem dono fir ze feieren. Nach laang net all Betrib huet sech vun der Kris erholl, an et ginn och nach vill Bierger déi am Alldag mat allerlee Suerge geplot sinn.
D'Aarbechtslosenzuelen - besonnesch bei jonke Leit - klammen, d'Aarmut wiist a vill jonk Famillje sinn hautzudags schlecht drunn: si hunn et net einfach fir een Daach iwwert dem Kapp ze fannen, kréien um Enn vum Mount d'Enner net méi beieneen a wëssen net méi wéi si et färdeg bréngen fir Famill a Beruff ënnert een Hutt ze bréngen.

Mir sinn all gefuerdert fir de Bierger an eisem Land déi beschtméiglechst Startchancen an d'Liewen bzw. Chancegerechtegkeet am Liewen bidden ze kënnen. Et gëllt, mat dem néidegen Optimismus déi richteg Décisiounen ze huelen fir deenen nächste Generatiounen net eng Laascht opz'erleeën, vun däer se duerno erdréckt ginn.
Dir Dammen an dir Hären, da si mer och an engem Wahljoer. Wann och déi vergaangen Zäiten um politesche Plang zäitwäis méi turbulent waren, esou sinn ech dach awer iwwerzeegt dass et dësem Gemengerot an de leschten 2 Joer gelongen ass, d'Weichen fir d'Zukunft ze setzen andeems se déi richteg Prioritéite gesat hunn. Mir hunn eis net op Provokatioune vu baussen agelooss an hunn eis Energie an Zäit konsequent genotzt fir déi Impulser ze setzen, déi äis néideg geschéngt hunn. Et erlabe mer am Numm vum Gemengerot ze behaapten dass et eng Eier ass a war, sech fir d'Duerf a séng Bierger kënnen anzesetzen. Ech wärt Iech elo garantéiert kee Bilan vun der politescher Aarbecht hei virdroen, mee ech sinn awer der Meenung dass dir all d'Recht huet gewuer ze ginn dass de Konsell um Dënschdeg Owend eestëmmeg eng Immobilientransaktioun guttgeheescht huet, déi d'Gemeng an de Besëtz vu 60 Are Terrain hei vis-à-vis wäert bréngen.
Eng weider Stärkt vun eisem Land an eisem Duerf ass d'Mixitéit vun den Nationaltéiten: 43 Prozent vun deene Leit déi hei am Land wunne sinn Auslänner; bei eis an der Gemeng sin et der 39,78 %.
Och fir si bestinn d'Méiglechkeeten, matzeschwetzen a matzedécidéieren. Dofir profitéieren ech dann awer och haut vun der Geleeënheet fir all eis auslännesch Bierger ,déi nach net op de Wahlëschten ageschriwwen sinn, un d'Häerz ze leeën dat ze maachen. Bis de 14. Juli ass nach Zäit. Wielen ze däerfen ass en demokratescht Grondrecht an jiddfereen deen däerf sollt dovunner Gebrauch maachen.
Nationalfeierdag ass awer och een Dag wou een sech e bësschen Zäit fir sech selwer a seng Famill soll huelen. E fräien Dag deen engem et erméiglecht eemol eng kleng Paus am Stress vum Alldag anzeleeën. Haut kann ee mol zesumme sinn, sech freeën a sech et e bësschen gutt goen loossen. Sou soll een haut och dovunner profitéieren fir nei Energie ze tanken fir da mat frëschem Courage alles dat unzegoen wat een sech virgeholl huet. Dofir wënschen ech eis alleguer ee flotten Nationalfeierdag 2011.
Vive de Grand-Duc Henri !
Vive eis groussherzoglech Famill !
Vive Lëtzebuerg !

Du war et un der Rei fir d'Verdeelen vun de Jubiliäumsmedaillen un d'Membere vum Pompjeescorps. Zesumme mam Kommandant Aly Lamborelle hunn d'Membere vum Schäfferot folgend Leit ausgezeechent :

Verbandsmedaille

25 Joer
Ebel-Michels Julie, Hilger-Kroon Reina

20 Joer
Lamborelle Steve, Stelmes Christian, Van der Meer Alex, Mossong Fred

15 Joer
Gillen Claude, Gries Gilles

Mutualitätsmedaillen

30 Joer
Zanier-Ebel Christiane

25 Joer
Ebel-Michels Julie, Hilger-Kroon Reina

20 Joer
Van der Meer Alex, Mossong Fred

15 Joer
Becker Fränz

No engem leschte Stéck vun der Musek huet de Buergermeeschter als Ofschloss vun dëser Feier all di Uwiesend op e Patt invitéiert, galant zervéiert wi ëmmer, ënnert der Regie vum Suzette a Raymond Bartholmé, vun den Ehepartner vum Schäffen- a Gemengerot.

PRESSEKONFERENZ VUM SICONA-CENTRE, DËNSCHDEG DEN 21. JUNI 2011 ZU SCHIEREN

D'Natur spillend entdecken.

De Sicona-Centre stellt säin Ëmweltbildungsprogramm vir. Präsent waren, de President vum Sicona-Centre, Fernand Etgen, de Fränk Wolf vum Ëmweltministär, de Buergermeeschter Marc Schmitz, de Camille Pletschette als Gemengendelegéierten am Sicona, den Här Fernand Schoos vum Sicona.

D'Press waren duerch d'Lëtzebuerger Wort an d'Tageblatt vertrueden.
Zënter ville Joeren bitt de Naturschutzsyndikat sengen 12 Membergemengen op Ufro Naturaktivitéiten fir Schoulkanner un.
Zënter der Ugebuedserweiderung 2009 ginn an alle Membergemengen regelméisseg Natur-Aktivitéiten fir Kanner u schoulfräien Nomëtteger ugebueden.

D'Konzept vun de Natur-Nomëtteger besteet doran, de Kanner op eng spillerisch Manéier Natur-Erfahrungen a Kenntnisser iwwer d'Natur an hirer Gemeng ze vermëttelen.
Un deene Nomëtteger hunn d'lescht Joer iwwer 700 Kanner deel geholl. Si ginn vun enger Naturpädagogin vum Sicona-Centre geleed, a dréien sech ëm vu Joer zu Joer wiesselnd Themen wéi:
- Mir maachen e Lagerféier,
- Konscht an der Natur,
- Hexen a Kräider,
- Mir ginn dëmpelen,
- Mir bauen eng Hütt, asw.

Dës Aktivitéiten stoussen an de Gemengen op eng grouss Resonanz. Fir dëst Joer sinn 68 verschidden Aktivitéiten an deenen 12 Gemenge virgesinn, déi u schoulfräien, respektiv an de Schoulvakanzen afgehal ginn.
Pro Aktivitéit kënnen aus sécherheets an och aus organisatorische Grënn höchstens 20 Kanner deelhuelen.

An eiser Gemeng si wéinst der grousser Nofro dëst Joer 7 Natur-Aktivitéite programméiert, 5 u schoulfräie Nomëtteger an 2 Schoulaktivitéiten.
Di zweet vun dësen Nomëttesaktivitéiten gouf während der Präsentatioun ënnert dem Motto „Waassersafari“ vum Nicole Vanderpoel geleet. Di Uwiesend konnten sech op der Plaz e Bild maachen iwwer déi immens Begeeschterung mat der d'Kanner, ausstaféiert mat Kächer a Lup nom Waassergedéiech gesicht a gebuddelt hunn. An dat mat Erfolleg si haten en etlich Féiersalamander rausgefëscht.

CP

Nature for People

D'Gemeng Schieren,
d'Emweltkommissioun vun der Gemeng Schieren
an de SICONA-Centre

invitéieren lech häerzlech op hir

Champignons-Excursioun

e Sonndeg, den 2. Oktober 2011

Rdv. 14.30 Auer um CR 347 vu Schieren no Steeën, un der Ofzweigung vum 1. goudronnéierte Wee no lénks aus Richtung Schieren

Elo am Hierscht spréissen erëm iwwerall Champignonen aus dem Buedem, op Holz an op villen anere Plazen. Des interessant Grupp, déi biologesch en eegent Räich bild, also weder zu den Déieren nach de Planze gehéiert, huet eng riseg Vilfalt vu Formen entwéckelt. Ee klengen Deel dovunner ass als iessbar Pilzer bekannt.

Op dëser Excursioun léiert Dir en Deel vun dësen iessbare Champignone kennen, ma Dir begéint och vill spannend an eegenaarteg Arten, déi net iessbar sinn, mee déi lech eng Idді iwwert de Räichtum vun dëser spezieller Grupp ginn. D'Excursioun dauert ca. 2,5 Stonnen a gétt op däitsch gefouert. Mellt lech w.e.g. fir den Tour un um 26303625 oder per mail op yvette.grethen@sicona.lu. D'Zuel vun de Participanten ass op 25 limitéiert. Merci

La Commune de Schieren,
la Commission de l'Environnement de la commune de Schieren
et le SICONA-Centre

vous invitent cordialement à leur

Excursion aux champignons

dimanche, le 2 octobre 2011

Rdv. 14 h 30 au CR 347 de Schieren à Stegen à la jonction du premier chemin asphalté à partir de Schieren

Voilà l'automne et on retrouve partout des champignons. Ce groupe intéressant, qui forme un règne biologique particulier - et qui n'est donc ni animal ni plante- a développé une richesse extraordinaire. De nombreuses espèces sont bien connues comme champignons comestibles.
Au cours de cette excursion vous aurez des informations sur les espèces comestibles. Mais en même temps vous allez découvrir des espèces intéressantes et étranges non comestibles qui vous donneront une idée des formes diverses de ce groupe spécial. La durée de l'excursion sera d'environ 2,5 h et le guidage se fera en allemand. Veuillez réserver vos places pour l'excursion au tél. 26303625 ou par mail au yvette.grethen@sicona.lu. Le nombre de participants est limité à 25. Merci !

Dëse Projet gétt vum Nohaltegkeetsministère ënnerstëtzt

People for Nature

NEIES VUM TENNISCLUB

Nodeems mir am leschte Louis iwwer di sportlech Resultater vum TC Schieren verzielt haten, wollte mir Iech dës Kéier e bësschen iwwer di aner Neiegkeeten vum Veräin berichten.

Nei Summerterrass

Zënter puer Joer scho konnten mir op eiser Anlag vun enger iwwerdeckter Terrass profitéieren. Dëst ass extrem angenehm bei décker Hëtzt oder schlechtem Wieder, fir eis Sonnenanbeter aus dem Veräin huet awer eng Plaz gefeelt wou ee konnt dem Tennis nokucken an an engems brong ginn.
Där Saach huet sech eise Comitésmember Guy Wohl ugeholl a praktesch an Eegeninitiativ a praktesch ganz eleng huet hien an de leschte Méint eis Anlag ëm e weidert Mustersték verschéinert. Souguer e risege Prabbeli huet hien organiséiert sou dass mer elo och déi Plaz optimal notze kënnen.

Nei Fassad, nei Heizung a Revisioun vun der elektrëscher Anlag

Wann d'Sonnenterrass vläicht nëmmen eise Memberen opgefall ass, sou sinn ech awer sécher dass zumindest eis nei Fassad all deene Leit opgefall ass déi laanscht eist Gebai getrëppelt sinn. Nodeems dass den Zand vun der Zäit seng Spueren un eiser Fassad hannerlooss hat a plazeweis ganz Stécker vum Beworf erofgefall sinn, ass de Comité un d'Gemeng erugetrueden fir do Remedur ze schafen. Am selwechten Otemzoch hate mir hinnen och vun de massive Problemer déi mir mat eisem Elektrësch hätten an vun dem schlechten Zoustand vun eiser Heizung erzielt.
Extrem positiv war dunn d'Nouvelle dass sech d'Gemeng der Problematik vun den alen elektrëschen Heizungen bewosst wir an eleng schon aus gesondheetleche Virsiichtsmoossnahmen direkt averstan war déi z'ersetzen an d'Käschten integral z'iwwerhuelen. Du war et nëmmen normal dass am selwechte Schratt eis elektresch Anlag op den neiste Stand bruecht ginn ass.
Net sou evident war dass d'Gemeng och bereed war d'Käschte vun der Fassad z'iwwerhuelen a sou kënne mer lou ganz roueg op eist 25jäerecht Bestoen d'nächst Joer hischaffen.
En décke Merci vun eisem ganze Veräin fir dës Gesten.

Eng perfekt Anlag erwaart domat all Member an d'Frënn vum Tennis.

Guy Berwick

MUSEK

Den Hämmelsmarsch 2011

Op Päischtsamschdeg den 11. Juni gouf d'Kiermes mam Hämmelsmarsch an de Niewestroossen, der Schierener Millen, der Colmer-Gare, op der Knupp, der Schlaed an den Hief agelaut.

De leschten Hämmelsmarsch vum Här Romain Gillen bei der Schierener Musek

Den éischten Hämmelsmarsch an der Cité Wieschen

No enger kräftiger Schauer bei der mir am Majerus Nuckes seng Garage geflücht sinn, an d'Clarinetten agepakt waren konnt et weider goen.

Drénkpaus beim Fernand Weber

Päischtsonndeg um ½ 9 gong et weider am Kéiwee. De Jäng Welter war wéi ëmmer pénktlech mat den Hämmel op der Plaz, a si haten och schon d'Flätschen un.
Dës Traditioun konnt bei der Schierener Musek zënter dem éischten Hämmelsmarsch de 25. Mee 1947 bäibehale ginn, a gëtt sou dem Hämmelsmarsch dee richtege Charakter an dat richtegt Bild.

Nodeems uewen am Kéiwee di traditionnel Gruppefoto geholl gi war ass den éischten Hämmelsmarsch vum Sonndeg erklongen.

Dem Jäng seng Schof waren och dëst Joer nees beim Sammy a gudden Hänn. Mat den Hämmel virop ass d'Musek dunn duerch d'Haaptstrooss gezunn fir och hei op d'Kiermes anzelauden. No enger Kaffispaus bei Thill's Yvonne, gong et weider bis an d´rue des Vergers, mat dem Schluss an der rue J.P.Schuster an dem Léibierg. Zum Ofschloss huet de Präsident Camille Pletschette op den Apéro agelueden.

D´Schierener Musek seet alle Schierener Leit villmols Merci fir hier generéis finanziell Ënnerstëtzung, an dem Weltesch Jäng fir d'Schof.

CP

Summerfest 2011

Sonndes de 26. Juni hat d'Schierener Musek op hirt traditionellt Summerfest invitéiert.
Dëst Joer hat d'Schierener Musek eng duebel Charge op dësem Dag, op Grond dass mer an engem extrem spéide Joer sinn ass d'Summerfest dëst Joer op Härläichendag gefall. Härläichendag ass säit Joeren d'Radiosmass hei zu Schieren fest ageplangt, an duerno d'Härläichepressessioun vun der Kierch op de Kierfecht. Fir eng Kéier haten di nit aktiv Musikanten am Comité eng Dispens fir d'Pressessioun kritt, a si duerften an der Zäit di lescht Präparatiounen fir d'Summerfest ausféieren.
Wéi dat sech zu engem Museksfest gehéiert louch den Haaptakzent vum Summerfest och dëst Joer rëm op dem musikalischen Deel an zwar konnte mir eise Gäscht dräi Concerten vun auswäertige Musiken niewent dem Concert vun eisem Jugendensembel offréieren.
De Concert Apéro gouf äis vun der Fanfare Concordia Hëpperdang offréiert. Ënnert der Direktioun vum François Radermecker hu si e flotten a ofwiesselungsräiche Summerprogramm

Op der Menuskaart stongen:

- Fierkelshämmchen aus dem Schäffchen mat gebrode Gromperen an Zalot vum Buffet,
- Kotlett, Fritten an Zalot, Mettwurscht oder Grillwurscht mat Fritten an Zalot.

Nom Mëttegiessen gouf di üblech Parti Bingo gespillt, bei deem jiddereen d'Méiglechkeet hat sech eng klengt Täschgeld ze verdingen.
Am Nomëtteg hunn eis JugendmusikantInnen sech ëm d'Kannerspiller gekëmmert. Mam Infotainer vun der Sidec hate mir e weidert intressant Spill fir Kanner kuerzfristeg kritt.

Den Infotainer wend sech virun allem u Kanner am Alter vu 6 – 12 Joer mam Zil si op eng spillerisch Art a Weis mat engem besseren Ëmgank vum Affall vertraut ze maachen.

Um 14h30 huet d'Harmonie Municipale Hollerich zum 2. Concert vum Dag opgespillt. Ënnert der Leedung vun hirem jonken, dynamischen a sympathischen Dirigent Georges Sadler wossten si mat usprochsvollen a bekannte Melodien ze gefalen. De Georges Sadler ass Saxophonist an der Militärmusik. Virum leschte Galaconcert huet hien an enger Regesterprouf eisem Saxophonsregester dee leschte Schlëff ginn.

Gläich no dësem Concert war et dunn un eisem Jugendensembel. Ënnert der Leedung vum Claude Kraus haten si d'Geleeënheet fir hire Concert deen si fir Mammendag ageprouft haten virun engem kritische Publikum, nähmlech virun der Mierscher Musek zu der de Claude och zielt nach emol opzeféieren. An dat hu si zur vollsten Zefriddenheet gemeeschtert.

De leschte musikalische Bäitrag vum Dag huet äis um 16h30 d'Mierschermusik offréiert. Ënnert der Direktioun vum Maurizio Spiridigliozzi hu si e flotten, ofwiesslungsräichen an awer och usproochsvolle Programm gebueden. Besonnesch mam Stéck „Hafabra Follies" bei dem sech d'Takt- Tempo- a Rhythmewiesselen nëmmen sou unenee gereit hunn wossten si z'imponéieren. Hei war bei de Musikanten voll Konzentratioun verlaangt, well emol raus ass et gaanz schwiereg fir rëm ranzekommen.

Alles an Allem kënne mir mat dem dësjäeregen Summerfest zefridde sinn.
Op dëser Plaz ee grousse Merci all deenen déi zum Erfolleg vun dësem Summerfest bäigerdroen hunn.

CP

Aféierung an d'Musik zu Schieren.

Allzäit ëm hire Nowues beméit organiséiert d'Schierener Musek all Joer um Enn vum Schouljoer, an Zesummenaarbecht mat dem Conservatoire de Musique du Nord an der Schierener Schoul, ee Nomëtteg fir d'Zyklen 2 an 3, mat dem Zil d'Kanner zur Musik ze begeeschteren, hinnen d'Instrumenter méi no ze bréngen an si zum gemeinsame Musizéieren unzereegen.
De Martin Folz, chargé de cours am CMNord, wosst d'Kanner op eng mol méi spillerisch mol méi serieux Art a Weis ze animéieren a mat rythmeschen a gesanglechen Einlagen ze begeeschteren.
Museksproffen aus dem CMNord hunn de Kanner d'Instrumenter déi an engem Harmonie Orchester gebraucht ginn, vun der Querflüt iwwer Saxophon, Klarinette, Cor, Trombone, Trompett bis zur Percussioun erklärt. Un Hand vu klengen Etüden déi hinne vu Museksschüler virgespillt goufen, konnten si héieren wéi di eenzel Instrumenter kléngen.

Zum Schluss konnte si no Loscht di eenzel Instrumenter ausprobéieren.

CP

AUSFLUCH VUN DER SCHIERENER JUGENDMUSEK

Als Ofschloss vun der Saison 2010/2011 gouf de 16. Juli en Ausfluch fir d'Musikantinnen a Musikanten aus der Schierener Jugendmusek an de Kloterpark op Veianen organiséiert. No enger klenger Aweisung iwwert d'Sécherung ass et direkt lass gaang mam Kloteren. Iwwer véier Parcouren konnt ee seng Angscht virun der Héicht testen a sech ganz wéi den Tarzan an d'Jane fillen. No der grousser Ustrengung op de Beem, gouf et owes eng Stärkung beim Mr. Goufy.

Mat op den Tour waren:
d'Lisi, d'Sally, d'Anouk, d'Mara, de Steven, de Rafael, de Claude (Dirigent), de Mathis an d'Jacqui.
Begleet hu si d'Nicole an d'Carmen.

Quartiersconcert op der Vallisplaz de 27. Mee 2011

Wéi dat bei der Schierener Musek zënter laangem ein Tradtioun ass spille mir all Joer mindestens ee Quartiersconcert freides owes. Amplaz vun enger Prouf gi mir raus an d'Duerf bei d'Leit a spillen do Musek. Dass dëst gutt bei de Leit ukënnt kënnt dir un dem ville Publikum op de Biller ze gesinn.

Dat ass och eng gutt Geleeënheet fir eise Jugendensembel, si hunn dann och mat puer Stécker de Concert ugefaang.

Den éischte Concert ënnert der Direktioun vum Roland Schiltz hat sécherlech och eng Rei Leit erugezunn, déi dee Neien onbedingt wollte gesinn trotz dem kille Wieder, wéi dir un der Kleedung vun de Leit kënnt gesinn. D'Grillwuurscht huet dann ëmsou besser geschmaacht.

FOOTBALL

Aus der ASSEMBLEE GENERALE vum FC JEUNESSE SCHIEREN

Schieren, le 1 juillet 2011

Saison 2010 – 2011

De Veräin seet merci all deenen déi derzou beigedroen hunn dass mir eng flott Saison haten an duerfir och nach e puer extra MERCI'EN

Ugefaang bei

• eisen Traineren fir hir gutt Aarbecht
➪ egal op dat am Senior- oder Jugendberäich war
• merci der Jugendkommissioun
• merci all eise Sponsoren
➪ ouni si geet et nit
• merci der Gemeng
➪ fir de jährlechen Subside, an den Amenagement vun den Terrain'en
• e weidere Merci gëllt eisen treie Supporter, hir Ennerstëtzung niewend der Cloture ass enorm wichteg fir eis Spiller.
• E spezielle Merci un déi Supporter
➪ déi eis " de Ball de Match " gestëfft hunn
• dee gréisste Merci geet dann un all eis Comités-Member
➪ ouni si, an ouni hir Benevol Aarbecht kee Spillbetrib méiglech wier an et de Schierener Football nit géif
• dobai extra ervirhiewen well ech fir all seng zousätzlech Aarbecht
➪ de Birchen's Jos, Responsabel fir alles wat do ennen ufällt.

last but not least
• e grousse Merci eisem Supporterclub dee scho säit Joeren d'Häerz vun eisem Finanzapparat ass, hire beispillhaften Asaz fir de Veräin ass nit besser ze maachen.

Ganz besonnesch ervirhiewe wëll ech den Emile Fiedler. Hien huet elo kierzlech an der Stad d' *"Medaille du mérite sportif en vermeil"* iwwerreescht kritt als Merci fir sein Devouement iwwer 60 Joer am Schierener Football.
Esou eng Auszeechnung brauch ee nit weider ze kommentéieren déi ass einfach fantastesch. BRAVO

AG Juli 2011

Léiw Footballfrënn
Hei nach de Mouvement vun eisem Spillerpotential no der Saison 2010- 2011

hei di nei Spiller, mir maachen dat alphabetesch. :

et si bei eis komm

DA CRUZ VIEIRA Bryan (cadet)	t-temp.	de Bissen
DOMIGUES PEREIRA Bruno	t-déf.	d' Etzella
FIKRI Isbaa (poussin)	t-déf.	de Wincrange
GARSON Gilles	t-déf.	d' Erpeldange
JAWORUCKI Andrzej	t-déf.	de Mettendorf
MARCHAL Pierre	t-déf.	d' Erpeldange
NEVES VEZO Steve (cadet)	t-temp.	de Bissen
OKAY Ugur	t-déf.	d' Etzella
POSING Pit	t-déf.	de Colmar-Berg
PRUCHENSKI Janusz	t-déf.	de Bastendorf
REULAND Tim (cadet)	t-temp.	Heiderscheid/ Eschdorf
TRES Sven (cadet)	t-temp.	de Lintgen

verloos hunn eis

BERWICK Pol	t-emp.	à Colmar-Berg
CARDOSO Nelson	t-déf.	à Colmar-Berg
DA CRUZ CONCALVES Joni	t-emp.	à Colmar-Berg
DA SILVA NEVES Nuno	t-emp.	à Colmar-Berg
JESUS VIEIRA Amilton	t-déf.	à Munsbach
LOPES Edson	t-déf.	à Bissen
MAIA PEREIRA Luis	t-déf.	à Erpeldange
MARBES Kevin	t-temp.	à Colmar-Berg
MARTINHO Dany	t-temp.	à Colmar-Berg
MESQUITA DIAS Bruno	t-déf.	à Vianden
NILLES Michel	t-déf.	à Colmar-Berg
PALMINHA DORE Joao Miguel (minimes)	t-temp.	à Colmar-Berg
PINTO SANTOS William (minimes)	t-temp.	à Colmar-Berg
SANTOS LUCAS Christophe	t-déf.	à Larochette
SCHARTZ Pit	t-déf.	à Perlé
SCHAUS JOE	t-déf.	à Lamadeleine
SCHEID Tom	t-déf.	à Pfaffenthal
TAVARES DE PINHO Ramires	t-temp.	à Colmar-Berg

Dir Dammen an dir Häre
net vergiessen wëlle mir

Et ass haut fir d'lëscht, dass ech eisen Här Paschtouer Romain Gillen no dëser GV begréissen konnt. Hien huet mir en Dënsdeg perséinlech matgedeelt, dass hien eis Por Richtung Kärjeng verléisst. Säi Chef wollt dat esou an hien huet gefollegt.

Hien ass nit nëmmen e gudde Museker, mee och ee Frënd a Supporter vum Schierener Football.

All Saison krute mir vun him ee " Ball fir ee Championnats-Match " gestëfft, a fir dëse Gest mir nach emol extra Merci soen, an Här Paschtouer, mir wieren dankbar wann dir ärem Successeur dëse Message weiderreeche géift.

Här Paschtouer, de Schierener Football seet iech merci fir är Ennerstëtzung bei de verschiddensten Uläss während all deene Joeren, a wënscht iech bonne Chance an eng glécklech Hand bei ärer neier Erausfuerderung.

Jos Lutgen

Monsieur FC Jeunesse Schieren



Portrait

Monsieur Emile Fiedler était un joueur extrêmement "fair play"

- une seule carte jaune pendant 19 ans.
  et il était extrêmement " fidèle " à son club.
- 23 ans de 1949 à 1972, caissier du club.
- 58 ans de 1949 à 2007, secrétaire du club.
- en 1972 il construisait au Bridel d'ou il se déplacait toutes les semaines pour les activités au sein du comité. Nous estimons qu'il est le secrétaire le plus longtemps servi à un club de la FLF.
- aujourd'hui encore il assiste à 84 ans régulièrement aux séances du comité

OFSCHLOSSFEIER SAISON 2010 -2011

Dësen Dag ass ëmmer en Evénement fir eis Jugendspiller an duerfir och all Joer fest am Programm vun der Jugendkommissioun. Een Tournoi fir all Alters-Kategorie an een immens intressante Concours wat Balltechnik betrëfft ass do virgesinn. Mat den Elteren zesumme feiere mir dëse Saison-Ofschloss wat ëmmer neess e ganz flotten Nomëtteg garantéiert. Fir Iessen an drénken ass gesuergt an eis jonk Spiller kréien dat vun der Jugendkommissioun spendéiert als Merci fir hiert Engagement. Als lescht Aktivitéit um Terrain ass e Match tëschent de Pappen an den Traineren deen natierlech nit duerf feelen. Merci eiser Jugendkommissioun fir dësen Nomëtteg.

Pupilles

Poussins

Minimes

Scolaires

Laureaten "Jonglëieren "

Cadets

Pappen an Traineren

Laureaten " Torwand "

POMPJEEËN

ÉISCHT HËLLEF-COURS AM HIERSCHT ZU SCHIEREN

Léif Schierener Awunner a Frënn vu ronderëm,
dëst Joer gëtt am Hierscht een 1. Hëllef-Cours zu Schieren ugebueden.
Éischt Hëllef gëtt iwwerall gebraucht, doheem, ënnerwee, an der Schoul an op der Aarbecht.

Wie war nach net an enger Situatioun a wier frou gewiescht ze wëssen wat ze maachen ass.

Léiert hei di Handgréffer déi dir duerfir braucht.

Och um Site vun der Administration des Services de Secours fannt dir weider Informatiounen iwwer dës Coursen www.112.lu

Enger Persoun hëllefen ass net strofbar, mee enger Persoun an Nout net hëllefen, ass strofbar.
Weider Informatiounen iwwer Datum an Dag wéini déi Course sinn, fannt dir um Site vun de Pompjeeën, www.schieren.org/pom oder kënnt dir um Sekretariat vun der Gemeng nofroen.

Är direkt Bekannten a Frënn soen Iech Merci dass dir matmaacht an hinne kënnt hëllefen, wann eppes geschitt.

Keng Persoun ouni 1. Hëllef-Cours!!!!

Ons Jugend

Ons Jugendpompjeeën sinn och vill aktiv

Wat déi Grouss kënnen, dat kënne si och. Och si hunn een Deel vun den Hydranten am Duerf kontrolléiert. Bei schéinem Wieder si si mat hierem Jugendleeder duerch d'Duerf gezun, fir déi eenzel Oberflurhydranten ze kontrolléieren, den Drock ze moossen an si hu se och all opgemaach, fir ze kucken ob d'Waasser kënnt an och propper ass. Dëst ass eng wichteg Saach wou mir ons Gemeng ënnerstëtzen, fir dës Kontrollen ze maachen. Dëst ass geduecht fir d'Sécherheet vum Duerf ze garantéieren.

Theorie gehéiert och derzou, mee am Prakteschen léiert een am Meeschten.

Mir maache vill verschidden Aktivitéiten, wat ons vill Spaass mëcht.

Komm och du bei ons Jugendpompjeeën, wanns de tëschend 8 an 16 Joer al bass.

TOUR OP OSLO

Mir haten ons et och mol eng Kéier richteg gutt geholl a sinn op d'Rees gefuer. Mam Voyages Schmit ass et iwwer d'Eifel, duerch de Ruhrpott op Bremen gaang, wou déi éischt Statioun war. D'Pompjeeën a e puer Frënn si mat dem neie VIP-Bus vum Markus gutt kutschéiert ginn. Ënnerwee huet hien ons dann och verschidden Informatiounen iwwer déi Stied oder Dierfer ginn wou mir derlaanscht gefuer sinn.
Zu Bremen ukomm, ass d'Gepäck an d'Zëmmere gehéit ginn a lass an d'Stad.

Zu Oslo ukomm, huet een Deel vun de Leit eng Rondfaart matgemaach, wou ee verschidde Saachen vun Oslo gewuer ginn ass, ënner Anerëm ass et op den Holmenkollen eropgaang. Eng vun de modernste Skisprongschanze vun der Welt.

Deen aneren Deel ass an d'Stad gaang, fir sech Oslo by Feet unzekucken. Wéi mir do an den Zentrum komm sinn, stong hir Arméi Spaléier.
Ha ha, dëst awer net fir ons, mee onse Grand-Duc an d'Grand-Duchesse waren deen Dag do op Staatsvisite.
Mir hate gutt Wieder erwëscht an haten eng super Stëmmung ënnerwee.
Dësen Trip, war leider nëmmen am ganzen 4 Deeg laang, mee déi waren tip top a si bestëmmt rëm eng Kéier eng Rees wäert, fir mat enger Fähr vu ColorLine vu Kiel op Oslo ze fueren, et ass wéi op engem Croisière-Schëff.

<u>Mir setzen ons fir d'Sécherheet am Duerf an</u>.
Fir dëst kënnen ze maachen, ass Formatioun gefuerdert, déi een op méi Plazen asetze kann.

Pompjee sinn an de Leit a Nout hëllefen, ass eng intressant a wichteg Saach,

mell och Du dech, mir brauchen dech.

Mir léieren nie aus, duerfir ass d'Weiderbildung wichteg, d'Technik geet weider also musse mir et och. Tel 817971 oder per E-Mail : spschieren@schieren.org

GAART AN HEEM SCHIEREN

Mammendag

Dëst Joer ass Mammendag op d'Schierener Kiermes, also op Päischtsonndeg, gefall.

Dofir hu mir eis Mammen dee Sonndeg duerno gefeiert, de 19. Juni.

Viru gutt gefëlltem Sall hunn d'Jugendchorale vum Gesank an de Jugendensemble vun der Schierener Musek de Mammen hir Opwaardung gemaach.

D'Kanner vum Gesank goufen geleet vum Ramona Tanase an um Piano begleet vum Marc Garson an d'Kanner vun der Musek vun hirem Dirigent, dem Claude Kraus. Mammendag ass fir si ëmmer eng gutt Geleeënheet, hiert Kënnen ënner Beweis ze stellen, an si hunn, wéi all Joer, hir Saach gutt gemaach.

No der Zéiung vun der Tombola hu mir eng Agape zerwéiert an d'Mammen am Sall kruten hire Kado.

Mammendag

EISEN AUSFLUG AN THÜRINGEN VUM 15.-19. JULI

Freides den 15. Juli si mir moies pénktlech em halwer sechs gestart.

Em 8.00 Auer war Kaffispaus. No enger kuerzer Paus op enger Autobunnraststätt géint 11.00 Auer ware mir fir d'Mëttegiessen zu ***Eisenach***.

Nom Iessen hu mir d'Bachhaus an d'Wartburg besichtigt.

"Bachhaus": *Am Original Bachhaus sinn al Museksinstrumenter ausgestallt, an um éischte Stack ass eng Dokumentatioun iwwer Liewen a Wierk vum Johann Sebastian Bach. Am neien Ubau kann een an interaktive Klanginstallatiounen dem Bach seng Musek lauschteren. Hannert dem Haus ass ee klenge Barock-Gaart.*

"Wartburg": Eis Guidin huet eis op eng flott Art a Weis d'Geschicht vun der Wartburg méi no bruecht.
Di helleg Elisabeth huet hei geliewt. An hei huet de Martin Luther dat Neit Testament an nëmmen 10 Wochen aus dem Griechischen an d'Däitscht iwwersat.
De Numm Wartburg erënnert eis jo och un den "Wartburg Choir" aus Amerika, dee schons puermol zu Schieren opgetrueden ass.

Beandrockt vun deem risege Bau hu mir eis op de Wee no Weimar gemaach an den Hôtel Dorint.

Samschdes wor deen éischten Deel vun der Visite vu ***Weimar***.

Di eng waren zu Fouss ënnerwee an di aner si mam **„Belvedere Bus"** gefuer.

Am Park vum Schlass Belvedere sengt den Ali Nickels den Hexemeeschter.
Dir kënnt den Aly um Internet ënner: You Tube Belvedere Express Heckentheater Weimar 16 07 2011 gesinn an héieren.

Mat eisem Guide, deen eis di dräi Deeg begleet huet, si mir net waarm ginn. Hien huet Saache behaapt vun de Lëtzebuerger am zweete Weltkrich, déi mir net konnten akzeptéieren.
Mee mir hunn eis eis gutt Laun net vun him verdierwe gelooss.

Nom Mëttegiessen hu mir ***d'Saalfelder Feengrotten*** besichtegt. Leider konnten d'Leit do net all mat era goen. Eng etlech Trapen an zäiteweis schéin enk Gäng waren d'Ursaach. Dat war schued, well d'Grotten ware wierklech ee Besuch wäert.

*„Für ihre Farbenpracht wurden sie als die „farbenreichsten **Schaugrotten** der Welt" im Guinness-Buch der Rekorde ausgezeichnet. Sie sind zugleich ein eindrucksvolles Zeugnis des mittelalterlichen Bergbaus, denn bis vor etwa 150 Jahren wurde hier Alaunschiefer abgebaut."* (aus der Homepage vun de Grotten)

Sonndes Moies hu mir ***d'Goethehaus*** an ***d'Schillerhaus*** besichtegt, ënnert der Leedung vun zwou iwweraus kompetenten Guidinen déi eis ganz flott a léierräich Erklärunge ginn hunn.

Goethehaus: 1709 am barocken Stil gebaut. De Johann Wolfgang von Goethe huet hei bis zu sengem Doud 1832, bal 50 Joer laang, gewunnt deels als Locataire, deels als Propriétaire.
Schillerhaus: Friedrich von Schiller ass mat senger Famill den 29. Abrëll 1802 an dëst Haus geplënnert. Hien hat Problemer mat de Longen an ass de 9. Mee 1805 zu Weimar gestuerwen.
Zu ***Heichelheim*** an engem urige Restaurant, wat zu DDR Zäiten d'Kantin vun enger „Landwirtschaftlichen Produktionsgenossenschaft (LPG)" war, hu mir zu Mëtteg giess. De Patron selwer huet eis e bëssen de Wärdegank vum Gebai vun der DDR Zäit bis haut erzielt.

Nom Mëttegiessen stung dunn d'Besichtigung vum ***Konzentratiounslager vu Buchenwald*** um Programm.
„Insgesamt eine Viertelmillion Menschen aus allen europäischen Ländern waren von Juli 1937 bis April 1945 im Konzentrationslager Buchenwald inhaftiert. Die Zahl der Opfer wird auf etwa 56000geschätzt. 34375 Tote sind in den Unterlagen des Lagers registriert. Nicht erfaßt wurden die durch Genickschuß ermordeten sowjetischen Kriegsgefangenen, die im Krematorium Buchenwald hingerichteten Gestapo-Häftlinge (geschätzt 1100), die mit „Evakuierungstransporten" aus Lagern des Ostens im Frühjahr 1945 tot in Buchenwald ankommenden Menschen und die Opfer der „Evakuierungsmärsche" im April 1945 (geschätzt 12000 bis 15000). Unter diesen Toten waren etwa 11000 Juden."

„Das KZ Buchenwald war das erste von einer westalliierten Armee befreite Konzentrations-lager. Die hier sofort nach der Befreiung entstandenen Berichte, Filmaufnahmen und Pressefotos prägten deshalb nachhaltig die Wahrnehmung der westlichen Welt in bezug auf die nationalsozialistischen Verbrechen und die Wirklichkeit der Lager. Der spätere US-amerikanische Präsident Dwight D.Eisenhower, Oberbefehlshaber der alliierten Streitkräfte, vermerkte in seinen Memoiren in bezug auf eine Besichtigung des KZ-Außenlagers Ohrdruf am 12. April 1945, d. h. einen Tag nach der Befreiung Buchenwalds: „Ich bin niemals im Stande gewesen, die Gefühle zu beschreiben, die mich überkamen, als ich zum ersten Mal ein so unbestreitbares Zeugnis für die Unmenschlichkeit der Nazis und dafür vor Augen hatte, dass sie sich über die primitivsten Gebote der Menschlichkeit in skrupelloser Weise hinwegsetzten. [...] Nichts hat mich je so erschüttert wie dieser Anblick. [...]"
*„Das sogenannte **Speziallager 2 Buchenwald**, errichtet im August 1945, war eines der insgesamt 10 Lager und drei Gefängnisse in der sowjetischen Besatzungszone, die von der Besatzungsmacht zur Internierung von Deutschen benutzt wurden. Der sowjetische Sicherheitsdienst führte die vorhandenen Baulichkeiten des Konzentrationslagers weiter und lieferte zunächst Menschen aus der Region ein. Bis zum Jahresende 1945 wuchs die Anzahl der internierten Personen auf fast 6000 an. Nach bisherigen Recherchen befanden sich unter den Internierten: eine kleine Gruppe von Hauptschuldigen an den NS-Verbrechen, eine größere Anzahl kleiner und mittlerer ehemaliger Funktionäre der NSDAP, des nationalsozialistischen Staates und der Wirtschaft,*

eine Gruppe von Mitgliedern der Hitlerjugend oder Hitlerjugendführer, Angehörige der Waffen-SS, Polizeiangehörige und Offiziere der Wehrmacht sowie eine Vielzahl von Personen, die infolge von Denunziationen, Verwechslungen und willkürlichen Festnahmen in das Lager gekommen waren. Unter den zwischen August 1945 und Februar 1950 im Speziallager 2 gefangengehaltenen 28455 Menschen (offizielle sowjetische Angabe) gab es auch etwa 1000 Frauen. Bisherigen Forschungsergebnissen zufolge blieb der Anteil neuer politischer Gegner der Besatzungsmacht und der in der östlichen Besatzungszone entstehenden politischen Ordnung gering. Mehrfach wurde das Lager mit Transporten aus anderen, aufgelösten Internierungslagern aufgefüllt. Die höchste Belegung hatte das Speziallager 2 im Frühjahr 1947 mit 16371 Inhaftierten. Etwa 1500 Personen wurden, vornehmlich zum Arbeitseinsatz, in die UdSSR gebracht.“
(aus der Homepage vun der „Stiftung Gedenkstätten Buchenwald“)

Mir waren och d’***Mahnmal*** kucken wat net wäit dovun opgericht gouf vun der DDR Regierung.
„Am 14. September 1958 schließlich wurde die «Nationale Mahn- und Gedenkstätte Buchenwald» eingeweiht. Errichtet worden war eine monumentale Denkmalsanlage, die dem Heroenkult des sozialistischen Realismus folgte, zugleich aber formsprachlich deutliche Bezüge zur nationalistisch-konservativen deutschen Memorialarchitektur in Folge des 1. Weltkrieges und NS-Deutschlands, etwa den Totenburgen Wilhelm Kreis, erkennen ließ. Durch ein archaisierendes Tor betrat der Besucher eine hangabwärtsführende Treppe und stieg, begleitet von Reliefstelen, die nach dem bereits erwähnten Motto «durch Sterben und Kämpfen zum Sieg» gegliedert waren, zu den Toten herab. An den mit Ringmauern im römischen Stil gefassten Massengräbern vorbei passierte der Besucher die pylonengesäumte «Straße der Nationen». Abstieg und Gräber sollten die «Nacht des Faschismus» symbolisieren, die «Straße der Nationen» hingegen die kämpferische internationale Solidarität. Durch das dritte Ringgrab hindurch stieg der Besucher anschließend die «Treppe der Freiheit» zur Plastik der befreiten Häftlinge und zum «Turm der Freiheit» empor. Hier sollte er der «Selbstbefreiung» der Häftlinge ebenso inne werden wie dem «befreiten Teil Deutschlands», d. h. der DDR als seiner Heimat und seinem antifaschistischen Vaterland. Verinnerlicht werden sollte so die Geschichtsnotwendigkeit des Sieges des Kommunismus, wie auch der Umstand, dass er noch nicht überall durchgesetzt sei, man wachsam und kämpferisch bleiben müsse. Der Identifikation mit der DDR und dem Ostblock sollte die Ablehnung Westdeutschlands und der westlichen Allianz als potentiellen Nachfolgern des SS-Staates entsprechen. Gedenken bedeutete weniger Auseinandersetzung mit der nationalsozialistischen Vergangenheit, als vielmehr Selbstverpflichtung auf den SED-Staat.“
(aus der Homepage vun der „Stiftung Gedenkstätten Buchenwald“)

Méindes stung ***Erfurt*** um Programm.
„Erfurt kam schon im Frühmittelalter eine besondere Rolle als Handelsort zu: Am Kreuzungspunkt alter deutscher und europäischer Handelsstraßen gelegen, entwickelte sich sehr früh ein weitreichender Markt- und Handelsverkehr, der die Stadt reich machte.
Nach dem Stapelrecht waren die Kaufleute verpflichtet, hier alle ihre Waren zum Kauf anzubieten, bevor sie weiter reisten. Das Geleitsrecht begünstigte Erfurt, da es die Kaufleute dazu zwang, auf der alten Handels- und Heeresstraße Via Regia durch Erfurt zu ziehen. Auch das kaiserliche Messeprivileg aus dem Jahr 1331 förderte die wirtschaftliche Entwicklung der Stadt.
Besondere Bedeutung für das mittelalterliche Erfurt und seine Umgebung hatte jedoch der Handel mit Waid. Die Färbepflanze bescherte der Stadt Wohlstand und Glanz.
Dem Ruf einer bedeutenden Handelsstadt wird die Thüringer Landeshauptstadt auch heute gerecht. Erfurt ist die Einkaufsstadt des Freistaates und verfügt über ein ausgezeichnetes Verkehrsleitsystem und einen hervorragend ausgebauten öffentlichen Nahverkehr.“
(aus der Homepage vun der Stad Erfurt)

No der visite guidée vum ***Doum*** hu mir als Ofschloss eist Muttergotteslidd „O Mamm léiw Mamm“ gesongen. Héichstwahrscheinlech eng Première am Doum zu Erfurt.
Zwou Kierchen op engem Bierg direkt niewenteneen:
„Erfurts Wahrzeichen ist das in Europa einzigartige Kirchenensemble von Mariendom und Severikirche. Auf dem Domberg stehend, überragt es majestätisch das Stadtbild der Landeshauptstadt Thüringens. Dieses architektonische Meisterwerk der Sakralbaukunst ist eine herausragende Leistung der deutschen Gotik. Dom und Severikirche erreicht man vom Domplatz aus über 70 Stufen einer großen Freitreppe.

Bereits um das Jahr 725 ließ Bonifatius eine Kirche auf dem Domberg errichten. Sie gilt als Vorgängerbau des heutigen Doms. 1154 begann dann der Bau einer Basilika. Der spätromanische Kirchenbau bestand aus einem dreischiffigen Langhaus, einem Querschiff und zwei Türmen an der Ostseite. 1349 wurde schließlich der Grundstein für einen Erweiterungsbau in Richtung Osten gelegt, der etwa 1370 - 1372 fertiggestellt wurde. Dieser Hohe Chor ist eine 15 Meter über dem Domplatz auf drei Kelleretagen errichtete einschiffige hochgotische Halle, die bis heute durch ihre gotischen Fenster geprägt wird. In einem kunstvoll gestalteten Chorgestühl aus der Zeit um 1350 saßen Schüler und Lehrer der Domschule beim Gottesdienst.

Heute wird der Hohe Chor im Osten durch einen Barockaltar von 1697 geprägt. Er zeigt die wichtigsten Heiligen und Patrone des Thüringer Landes.

1455 wurde an Stelle des dreischiffigen romanischen Baus ein spätgotischer Hallenbau errichtet. 1465 konnte hier der erste Gottesdienst gefeiert werden. Bis heute werden Hoher Chor und das sogenannte Langhaus von 1455 für die Gottesdienste des Bischofs, des Domkapitels, der Domgemeinde und des Bistums genutzt.

Besonders hervorgehoben zu werden verdient die 1251 geweihte und mehrmals, zuletzt 1497 neu gegossene weltbekannte große Glocke des Erfurter Doms, die «Gloriosa». Bei einer Höhe einschließlich der Krone von 2,50 m und einem Gewicht von 11450 kg hat sie einen Durchmesser von 2,57 m.“

In unmittelbarer Nachbarschaft zum Dom steht auf dem Domberg die ***Severikirche****. Sie ist eine der wenigen fünfschiffigen gotischen Hallenkirchen Deutschlands. Es wird angenommen, dass an ihrer Stelle bereits im Jahre 836 ein Benediktiner-Nonnenkloster gestanden hat. Um 935 soll auf dem Domberg, vermutlich zwischen Dom und Nonnenkloster, das Kanonikerstift St. Severi gegründet und mit Chorherren besetzt worden sein. Die wahrscheinlich von ihnen erbaute Severikirche brannte 1080 ganz und nach Wiederaufbau noch einmal im Jahr 1142 teilweise ab. In der Zeit von 1278 bis etwa 1400 wurde der heutige Bau, eine vierjochige, fünfschiffige Halle mit zwei Querschiffen im Osten und Westen errichtet. Zwei quadratische Türme, die ebenso wie der gesamte Bereich oberhalb des Chores erst im Zuge der Umbauten nach dem großen Brand von 1472 errichtet wurden, begrenzen im Norden und Süden den Chor.*
Der um 1360 entstandene so genannte Severisarkophag im südlichen Seitenschiff, dessen Deckelplatte heute als Altaraufsatz im vorderen Seitenschiff genutzt wird, gehört zu den großartigsten Leistungen der deutschen Plastik des 14. Jahrhunderts. Auf seinen Umwandungsplatten sind Szenen aus dem Leben des Heiligen Severus dargestellt.
Ein außerordentliches Werk virtuoser Handwerkskunst ist auch der 1467 vollendete Taufstein, der sich mit seinem kunstvoll gearbeiteten Maßwerk fünfzehn Meter in die Höhe erstreckt.
(aus der Homepage vun der Stad Erfurt)

D'Mëttegiessen war am Restaurant Schnitzler, net wäit vum Doum. Eis Schnitzelen waren méi grouss wéi den Teller. A wa mer net grad am Keller gesiess hätten (et war net grad di beschte Loft am Keller) wär jo näischt auszesetze gewiescht. Et war ze kal fir op der Terrass ze setzen, deen Dag huet nawell e frësche Wand geblosen.

Nom Iessen hunn di eng ee klengen Tömpchen am Bus gehalen, an di aner sinn duerch Erfurt getrëppelt.

Mat der ***„historischen Straßenbahn"*** hu mir nach ee Sightseeingtour gemaach vu 15.00 bis 17.00 Auer, mat als Oflschloss d'***"Krämerbrücke"***.

Dënschdes hu mir op eiser Heemrees de ***„Grenzmuseum Schifflersgrund"*** besichtigt. Et gëtt sou vill vun der ***Berliner Mauer*** geschwat, mä hei konnte mir gesi wat sech bei der ***„innerdeutschen Grenze"***, 1400 km laang, ofgespillt huet.
„Heinz-Josef Große war einer von denen, die dem offiziell nicht *existierenden Schießbefehl zum Opfer fielen. Die Stelle, an der er am 29. März 1982 versuchte, mit Hilfe eines Frontladers über den Grenzzaun und den Hügel hinauf zu fliehen, ist vom Ausblick des Museums gut zu sehen. Am Straßenrand gegenüber, oberhalb des Hangs - erst dort begann «der Westen» - ist ein Denkmal aufgestellt. Hier mussten drei Zollbeamte mit ansehen, wie Große nach 9 Kalaschnikow-Schüssen am Hang verblutete: denn dieser war, obwohl jenseits des Grenzzauns gelegen, noch Territorium der DDR.*
Dem Schicksal Heinz-Josef Großes ist, stellvertretend für andere Opfer der innerdeutschen Grenze, ein Teil der Ausstellung im Museum gewidmet. Weitere Exponate belegen die gleichwohl findigen wie verzweifelten Versuche vieler, mit selbst gebauten Hilfsmitteln die Grenzanlagen zu überwinden. Doch nicht nur der Grenzzaun mitsamt seinen Selbstschussanlagen, deren originalgetreuer Nachbau ebenfalls zu sehen ist, sollte eine Flucht verhindern. In der Ausstellung findet sich auch der Text des offiziell stets dementierten»Schießbefehls, der unter der militärischen Bezeichnung Vergatterung (=Verpflichtung) die wachhabenden Grenzsoldaten der DDR darauf verpflichtete, Grenzflüchtlinge «zu vernichten».
(Aus der Homepage vum Grenzmuseum)

Et war keng einfach Zäit fir d'Leit déi do geliewt hunn siew et op där enger oder där anerer Säit vun der Grenz. De Guide vum Musée, dee selwer déi Zäit erliewt huet, huet eis mat Begeeschterung di ganz Situatioun erklärt.
Mir hätten him nach stonnelaang kënne nolauschteren, mee et war nach wäit bis op Schieren a mir hu misste weiderfueren.

Fir d'Mëttegiessen ware mir zu ***Kirchheim***.

Ennerwee hu mir nach eng Paus op enger Rastätt gemaach, an zréck am Ländchen hu mir zu Gonnereng zu Nuecht giess.

Kuerz no 22.00 Auer si mir gesond a monter zu Schieren ukomm.

Résumé vum Tour:

D'Wieder war net sou schlecht, mir hu mol keng naass Féiss kritt, och wann et Moies heiansdo net derno ausgesinn hat. D'Iessen war iwwerall gutt. Den Hotel war super. Ween do Moies hongreg vum Kaffisdësch gaangen ass, dee war selwer schold.

Et war schons een ustrengenden Tour, fir di eng alt e bësse méi wéi fir di aner. Et kann net ëmmer alles perfekt sinn, mee et versicht een alt ëmmer dat Bescht draus ze maachen.

Léiwfrawëschdag

15. August

Eise Wësch ass och dëst Joer nees gutt ukomm.

Bundesgartenschau zu Koblenz

De 24. August wore mir op d'Bundesgartenschau op ***Koblenz***.

Bei sonnegem Wieder, et war nawell zäiteweis schéi schmeier, konnt jiddereen op eege Fauscht an a sengem eegenen Tempo iwwer d'BUGA trëppelen. Et gouf vill ze gesinn, ze richen, ze schmaachen, an awer och ze lauschteren.

Gutt dat mer géint 17.00 Auer rëm fortgefuer sinn, well duerno koum een déckt Donnerwieder zu Koblenz.

Mat Ham, Fritten an Zalot zu ***Gonnereng*** am Eurohotel hu mir den Dag ofgeschloss.

NEIES AUS DER PAR

Kommiounsfeier 8. Mee 2011

Hei si mer nees, d'Kommiounskanner vu Schieren!
Den 8. Mee hu mir eis éischt helleg Kommioun emfaangen.

An der Pressessioun si mir vun der Gemeng an d'Kierch gaangen. Et war ganz feierlech, d'Pompjeeën an d'Musek waren dobäi. Et war richteg flott an och d'Sonn huet gestralt =)
An der Kierch stungen eis Lämmercher, déi mir zu Tënten gebastelt haten.
D'Bänken haten eis Elteren mat schéine Mooskränz dekoréiert, d'Agnès hat den Altor mat wäißen a giele Blumme gerëscht.

Als Ufangslidd hu mir gesongen: Ee Festdag, ee Festdag…
Jo, et war ee Festdag dee mir esoubal net wäerte vergiessen!

Mir soen alle Leit' VILLMOLS MERCI', déi derzou beigedroen hunn, datt dëst Fest esou gutt konnt gelengen.

15. Juli 2011 – Chèqueiwwerreechung u BONNIEVALE an u PATLUX

Mir Kommiounskanner wëllen eis Freed mat anere Kanner deelen.

Eis geet et gutt. Mir hunn all Dag z'iessen, hu proppert Waasser an mir däerfen an d'Schoul goen an eppes léieren. Wa mir krank sinn, gi mir bei en Dokter an deen verschreift eis e Medikament… Dat wat eis normal schéngt, feelt op ville Plazen an der Welt.
Ville Leit a besonnesch och ville Kanner geet et schlecht an si brauchen eis Hëllef.

Mir Kanner an eis Elteren hunn eis entscheed fir dëst Joer a Wäissrussland ze hëllefen, do wou nach no iwwer 20 Joer d'Leit ënnert der Tschernobylkatastrof musse leiden an a Südafrika hëllefe mir der Famill Faber an hirer Orangisatioun ‚Bonnievale' weider mat eisem Don – hei ginn eis Soue gebraucht fir eng nei Schoul ze bauen.

1750,- Euro hu mir gesammelt - mir hunn ee Chèque vun 875.- Euro u PATLUX an och u BONNIEVALE iwwerrecht.

MERCI

all deene Leit, déi eis bei dëser gudder Aktioun mat engem Don ënnerstëtzt hunn.

Härläichepressessioun 2011

No der Radiosmass um 9.00 Auer, si mir a feierlecher Pressessioun ob de Kierfent gaangen.
Dëst ass eng flott Traditioun, déi mir all Joer nees opliewe loossen.
Eis Kanner, d'Kommiounskanner an hirer beschter Tenue, hu mat vill Freed Blumme virum Sakrament gestreet.

Merci all deene Léit déi sech Zäit geholl haten fir dobäi ze sinn.

Härläichepressessioun

9. Juli Tarcisiusfeier – Massendingerobnahm

De 9. Juli gëtt hei zu Lëtzebuerg a ville Poren d'Fest vum hellegen Tarcisius gefeiert.
Den hellegen Tarcisius ass de Schutzpatroun vun de Massendinger. Dofir hu mir eis de 9. Juli rausgesicht, fir eis nei Massendinger obzehuelen.

D'Massendinger sinn ee wichtigen Deel vun der Par. Si maachen hiren Déngscht um Altor mat Freed an hëllefen dem Här Paschtouer wou si kënnen.
Vill Kanner sinn am Laf vun de Joren an d'Massendingeréquipe komm, een Deel vun hinnen sinn aner Weeër gaangen, awer mat hinnen alleguer si mir e Stéck zesummen de Wee vum Glawe gaangen.

11 nei Massendinger sinn de 9. Juli elo offiziell an d'Equipe opgeholl ginn.
Massendinger kann ee vum 3. Schouljoer u ginn an et däerf ee bleiwen sou laang et Spaass mecht. Besonnesch houfreg si mir op eis 2 grouss Massendinger, d'Jessica Hansen, an d'Jasmine Waldbillig, si sinn 8 respektiv 7 Joer derbäi.

Jasmine Waldbillig an Jessica Hansen

Stolz ware mir natierlech och fir eis nei Tuniken ze weisen.
Mir soen der Kierchefabrik MERCI, dass mir eis hunn däerfe nei akleeden.

Eis Mass stung ënnert dem Thema:

Gottes Liebe ist wie die Sonne…

D'Sonn mecht eis Welt méi hell a schénkt eis alleguer déi néideg Wäermt.
Eis Massendinger maachen eis Porgemeinschaft och méi hell a méi lieweg, dofir hu si alleguer e Stral mat hirem Numm bei d'Sonn gehaang.

Musikalesch sinn eis Massendinger och, mir kruten souguer eng kleng Massendingerband zesummen.

Bass du am 3.ten Schouljoer an du wëlls Massendinger ginn, dann zéck net a meld dech einfach u beim Sylvie Berwick Tel.81 76 90 .
Mir freeën eis op deng Hëllef.



Viischt Rei, vu riets no lénks:
Laurent Spaus, Jessica Alves, Sophie Rütze, Sara Dos Santos Gomes, Melinda Magalhaes Marinho, Elton Monteiro,

Hënnescht Rei, vu riets no lénks:
Armanda Oliveira Marinha, Jessica Hansen, Paschtouer R. Gillen, Jasmine Waldbillig, Henri Wirth, Noah Foeteler, Basti Da Silva, et feelt op der Foto: Zoé Foeteler

D'FRËNN VUM 3. ALTER

Ausflug op d'Birgeler Mühle

Eisen Ausflug ass an d'Eifel gaang an de „Birgeler Mühlenzentrum"
23 Leit ware bei herrlechem Wieder um Dill. No verschiddene Baustellen ënnerwee si mir mat e bëssche Verspéidung zu Birgel ukomm. Vun allen Zorte Millen hu mir gewisen an erklärt kritt, Käremillen, Uelegmillen, Moschtermillen, e Bakhaus, eng Brennerei a.s.w. An da gouf et och nach allerhand ze schmaachen an ze kafen, wéi dat esou ass wann een eppes esou kucke geet.
Fir den Honger haten si e gutt Mëttegiesse virbereet an iert mir heem gefuer sinn, hu mir nach Kaffi mat engem Stéck gedeckten Äppelkuch zerwéiert kritt.

Grillfest vum 13. Juli 2011

Dat schon traditionellt Grillfest war dëst Joer den 13. Juli. 55 Leit haten sech am Sall afond fir zesummen e kille Patt, Gegrilltes, Zaloten-an Dessertsbuffet ze genéissen. Wéi ëmmer hunn eis Hëllefen nees mat dem Komitee zesumme versicht jidderengem alles richteg ze maachen.
Merci fir Är Ennerstëtzung, duerch eng Zalot oder en Dessert, mee och den Hëllefen déi esou eng Deeg ganz wichteg sinn, um Grill, an der Kichen,hannert dem Comptoir, hannert dem Buffet, am Service bei der Spull a beim Geld zielen.

GESANK

Chorale Caecilia Schieren

Op der Mammendagsfeier vum Coin de Terre vu Schieren, huet d'Jugendchorale e flotte Concert presentéiert. (Do schéngen e Puer verstoppten Talenter ënnert hinnen ze sinn)

De 26ten Juni op Härläichendag, sange mir moies um 9.00 Auer d'Radiosmass. Et war wuel fir verschidde Leit e bëssche fréi, wéi mir eis moies um 8.00 Auer an der Kierch afond hunn fir eis anzesangen, mee de Programm deen eise Chef rausgesicht hat (Messe brève an C vum Charles Gounod) ass awer am allgemenge gutt ukomm. Duerno si mir zesummen mat der Pressessioun op de Kierfecht gaang, éiere mir op de Kaffi lassgaange sinn an duerno bei d'Musek op d'Summerfest op den Apéritif .

Op Aluedung vum Charles Goerens si mir de 29ten Juni op Bréissel d'Europaparlament besiche gaangen. Leider war d'Sitzung déi bis ongeféier 12.00 Auer dauere sollt schons riwwer wéi mir um 10.00 Auer agetraff sinn. Mee dat huet eis näischt ausgemaach, esou hat de Charel méi Zäit fir eis an huet eis de grousse Sitzungssall an dat ganzt Europaparlament gewissen an erklärt.

Nom Mëttegiessen, dat mir vum Charel offréiert kruten, huet hien eis an engem separaten Konferenzsall iwwer di prekär Situatioun momentan an Europa opgeklärt. Mir waren eis herno all bewosst datt Europa muss zesummestoen fir gemeinsam aus där Finanzkris raus zekommen. No der offizieller Foto hu mir eis geint 5.00 Auer neess op den Heemwee gemaach a mir hunn dëse schéinen Dag bei Ham, Fritten an Zalot ofgeschloss.

Um Réckwee huet den Här Paschtouer eis matgedeelt datt hien eis am Hierscht géng verloossen. Mir hunn dat bedauert, well mir di lescht 15 Joer dach awer eng gutt Zesummenaarbecht haten, mee mir hunn him versprach datt mir hien d'nächst Joer op Käerjeng génge besichen kommen.

Maggy Meisch

JUGEND

37. Landjugenddag zu Wäiswampich

Och dëst Joer hu mir um legendäre Landjugendag zu Wäiswampich deelgeholl, dee vun der lëtzebuerger Landjugend den 2. Juni 2011 organiséiert gouf. Insgesamt waren 2000 Leit beim Rallye derbäi.
Et war schwéier sech duerchzesetzen an duerfir hu mir och leider kee Pokal mat heem bruecht, mee dat huet eis net dovunner ofbruecht e schéinen Dag mat guddem Wieder an enger flotter Ambiance ze genéissen.

Nathalie Goerens

Spiller ouni Grenzen am Schweecherdall

Dëst Joer huet eis Jugend vu Schieren och bei de Spiller ouni Grenzen matgemeet, déi de 15. August am Schweecherdall stattfonnt hunn.
Hei handelt et sech am Ganzen ëm 7 Spiller, bei deenen een zum Beispill duerch e Labyrinth lafen, e Parcours bewältegen oder ënner Zäitdrock Pneue vun engem Auto wiessele muss.
Alles an allem huet sech de Club des Jeunes daper geschlo; leider ass et nëmme fir déi 27. Plaz duergaang vun ëmmerhinn iwwer 60 Equipen.

Ben Schmit

Bodykicker zu Pëtten

Wéi all Joer huet den C.d.J. Schieren rëm beim Bodykicker zu Pëtten, den 3. Juli 2011, deelgeholl. Bei dëser Veranstaltung spillen 2 Equipen mat jeweils 6 Spiller um Feld géinteneen.
Wéi de Numm et scho verréit spillt een net mat klenge Männerchen mee et ass ee selwer eng Spillfigur um Terrain a muss probéieren sou vill wéi méiglech Goler beim Géigner eran ze schéissen.
Di leschte Joeren huet sech d'Jugend ëmmer mam ‚Präis fir déi bëschte Stëmmung' missen zefridde ginn.
Dës Kéier awer si mir éischter 'sportlech' opgefall an hunn et bis an d'Halleffinal gepackt wou mir dann och den 3. Präis schlussendlech konnte mat heem huelen.

Ben Schmit

D'SCHOULKLASSEN

Année scolaire 2010/2011

CYCLE 2.2. (2ième année d'études)

Titulaires : Weber Blanche • Leone Giuseppina • Hoffmann Pascal

Aus technische Grënn war de Cycle 2.2 nit am leschte Louis mat rakomm. Am Louis vum Mee waren d'Cyclen 2 an 3 un der Rei. Mir beeden ëm äert Verständnis.

Setzend v.l.n.r. : Fikiisbaa Mahamed, Sadler Claire, Susic Mirela, Pletschette Luca, Queiros Martins Tiago, Alves Machado Claudia, Schroeder Lynn, Gomes Delgado Jasmine,
Stoend v.l.n.r. : Marques Da Costa Kelly, Wiren Thomas, d'Joffer Leone Guiseppina, Moreira Roma Jasmine, Palmieri Luca, Oliveira Feiteira Diogo, Lopes De Almeida Jordan, Speidel Ricky, Fortes Dos Santos Rafael, Pereira Meireles André, nit op der Foto, Lopes Vieira Léandro.

CYCLE 4.1A

Mir sinn d'Kanner aus dem Cycle 4.1a, d'Klass vun der Joffer Jeanny.

1. Rei v.l.n.r. stehend: Armanda Oliveira, Yann Origer, Pol Kugener, Sara Carvalho, Vicky Rayeck
2. Rei v.l.n.r. sitzend : Liz Speidel, Lisa Elcheroth, Denny Schaus, Kathleen Alves Monteiro, Mathis Foxius, Lewin Dagraça, Di Biase Jordan, Jona Leuck, Christophe Laubach

CYCLE 4.2

Hallo, mir sinn d'Klass 4.1b.
Mir sinn eng Supertrupp a verstinn eis mega. Mir sinn nach just zu 5 Bouwen bei 9 Meedercher (Pardon 10 , wa mir eis Joffer matzielen :-)) zënter datt de Luc Humbert eis nom 2. Trimester Richtung Housen verlooss huet.
Dat nächst Schouljoer schaffe mir „vertikal", dat heescht mir ginn deelweis mat deenen aneren 2 Klassen aus dem Cycle 4 gemëscht. Dorobber si mir mol gespaant…
Vläit kënne mir iech déi nächste Kéier vun eisen éischten Erfarongen erzielen… :-)

An der ënneschter Rei vu lénks no riets: Lara Garson, Lynn a Laura Pletschette, Marc Schillinger, Tatiana Oliveira, Nathalie Wirén
Et stinn : Noah Foeteler, Joana Pereira de Sousa, Luciana Da Cruz Da Rosario, Diane Richartz, Jerry Doerfel, Sébastien Silva Fortes, Gian-Vito Palmieri, Renée Wirth an Ayat Mougador

D'Klass vun der Joffer Diane

6. SCHOULJOER

Abschied von der Primärschule:

Wir sind 15 Schüler(-innen), welche die Primärschule in diesem Sommer verlassen haben. Einige von uns werden das Gymnasium oder Lyzeum im kommenden September besuchen.

Christian Neu: Mir hat es gut in der Primärschule gefallen. Im 6. Schuljahr sind wir jetzt die ältesten Schüler, aber im kommenden Herbst werden wir wieder die jüngsten Schüler sein, das wird bestimmt eine große Umstellung für uns alle sein. Positiv fand ich an der Primärschule, dass wir während der Pausen fast immer Fussballspielen konnten, das werde ich nächstes Jahr sicherlich vermissen. Negativ an der Schule fand ich, dass wir die letzten zwei Jahre wegen Renovierungsarbeiten nicht ins Schwimmbad nach Colmar durften. Im kommenden Herbst werde ich das LCD in Diekirch besuchen. Ich werde meine Lehrer(-innen) bestimmt vermissen, Frl. Monette Polfer, Fr. Myriam Stüren, Fr. Blanche Elcheroth, Fr. Patz Gilson und Herrn Jos Kempa. Später will ich den Beruf des Mechanikers ausüben.

Aida Latic: Mit viel Mut verlasse ich die Schierener Primärschule und begebe mich ins Lycée technique nach Diekirch. Eigentlich schade, dass ich nach 8 Jahren die Schierener Schule verlassen muss, aber ab jetzt beginnt für uns ein neuer Lebensabschnitt. Danke an alle Lehrer(-innen), die mich während dieser 8 Jahre begleitet haben und mir viel beigebracht haben. Ich hatte jede Menge Spaß in der Schule und werde bestimmt noch vieles in Zukunft lernen. Am liebsten möchte ich Deutschlehrerin werden.

Michael Majerus: In der Primärschule hat mir eigentlich alles, außer Französisch, gefallen. Am meisten freute ich mich natürlich über die Ferien. Was ich am Lycée nicht so gut finde, sind die vielen Schüler, aber ich werde es durchstehen. In Zukunft werde ich vermutlich vieles vermissen, vor allem einige Freunde aus meiner Klasse. Obwohl ich traurig bin, dass die Primärschule vorbei ist, freue ich mich doch genauso auf das Lycée „Ermesinde" in Luxemburg. Mein Berufswunsch für die Zukunft lautet: Busfahrer.

Esteban Fortes: Mir gefiel es gut in der Primärschule. Leider gab es im 6. Schuljahr viel Stress wegen der Tests und oft Streitereien in der Pause wegen des Fussballspielens. Ich freue mich schon auf die neue Schule und auf viele neue Freunde. Später will ich zum Militär.

Romina Fortes: Ich werde alle meine Freunde(-innen) und das Lehrpersonal der Schierener Primärschule vermissen. Obwohl ich die Schierener Schule nur während der zwei letzten Jahre besuchte, hat es mir doch sehr gut hier gefallen. Meine größte Angst ist der bevorstehende erste Schultag im Lycée technique. Weil das Singen mein Hobby ist, möchte ich dieses zum Beruf machen und Sängerin werden.

Leo Freitas: Es wird wohl Zeit zum Abschiednehmen. Ich fasse mich kurz und bedanke mich bei allen Lehrern und Lehrerinnen, die mich vieles gelehrt haben. Ich vermisse jetzt schon die Primärschule und werde bestimmt auch das Fußballspielen während der Pausen vermissen. Wie dem auch sei, für uns beginnt jetzt ein neues Leben.

Steve Goncalves: In der Primärschule fand ich es cool, vor allem als wir mit der Klasse Theater spielten. Ich bin aber auch froh, ins Lycée Technique zu gehen, um neue Freunde kennen zu lernen.

Kim Mohnen: Mit einer Träne im Knopfloch verlasse ich die Schierener Schule. Ich hatte zwar nur 3 Lehrer(-innen), doch sie waren alle fast immer gut drauf. Mit meinen Lehrern Jos Kempa, Monette Polfer

und Patz Gilson fand meine schülerische Laufbahn in der Primärschule einen tollen Abschluss. Am meisten werde ich sicherlich meine Freunde(-innen) und die tollen Pausen vermissen, vor allem aber meine ABFFL Romina. Demnächst werde ich das LCD in Diekirch besuchen und hoffe auch dort, neue gute Freunde(-innen) zu treffen. Natürlich werde ich an Euch alle denken und wünsche uns allen eine erfolgreiche Zukunft. Später möchte ich gerne im künstlerischen Bereich arbeiten.

Raphael Martins: Ich verlasse die Primärschule mit viel Mut und hoffe, dass ich viel Glück auf dem neuen Weg haben werde, den ich mir gewählt habe. Meinen Freunden wünsche ich ebenfalls ein sorgenfreies, gesundes und glückliches Leben. Ich hoffe, dass ich meine Freunde auch in Zukunft oft wiedersehe, denn genauer gesagt (geschrieben), ich könnte ohne meine Freunde nicht leben.

Leandro Delgado: Ich freue mich auf das Lycée technique in Ettelbruck und auf die Zukunft. Meine Freunde und die Pausen werde ich bestimmt vermissen. Ich hoffe, dass ich in der neuen Schule auch viele neue Freunde finden werde.

Patricia Soares: Bald werde ich das Lycée Technique in Ettelbruck besuchen. Am meisten werde ich meine Freundinnen und meine Lehrpersonen, Herrn Kempa, Frl.Polfer, Mme Stüren und Mme Elcheroth aus der Primärschule vermissen. Leider sehe ich meine besten Freundinnen in Zukunft nicht mehr all zu oft. Am besten hat mir das Theaterspielen mit der ganzen Klasse im 5. Schuljahr bei Herrn Kempa gefallen, am liebsten hätte ich im 6. Schuljahr nochmals Theater gespielt. Wir mussten aber viel für unsere Tests üben, die wir auch alle gut überstanden haben. Vielleicht werde ich später auch Lehrerin.

Gilles Theis: Obwohl es mir in der Primärschule gut gefallen hat, freue ich mich auf eine neue Herausforderung, auf das Lycée Technique in Luxemburg. Natürlich werde ich meine Freunde und Freundinnen und auch die Lehrer vermissen. Ich bin gespannt auf die Zukunft, hoffe aber, dass ich meinen Traumberuf des Filmschauspielers verwirklichen kann.

Joyce Glover: In der Primärschule in Schieren war es großartig, ich habe viele Freundinnen gefunden, die ich leider in der „großen" Schule nicht mehr so oft wiedersehen werde. Ein wenig freue ich mich aber jetzt schon aufs Gymnasium in Diekirch und hoffe, dort auch wieder viele Freunde(-innen) kennen zu lernen. Ein wenig Angst empfinde ich aber auch vor dem ersten Schultag, weil ich nicht genau weiß, wie es dort aussieht und welche Lehrer (-innen) ich bekommen werde. Werden diese so nett und freundlich sein wie diejenigen aus der Schierener Primärschule? Vermissen werde ich bestimmt Frl Polfer, Frau Patz Gilson und Herrn Kempa. Im 5. Schuljahr haben wir mit der ganzen Klasse Theater gespielt, 2 verschiedene Theaterstücke, ein Märchen und ein Singspiel, das war echt toll. Schade, dass wir dies nicht mehr wiederholen können. Ich träume davon, später Dolmetscherin oder Übersetzerin zu werden, weil ich Sprachen über alles liebe.

Kilian Frising: Ich freue mich schon sehr auf das bevorstehende Schuljahr, doch vermissen werde ich verschiedene Lehrer, Schüler (-innen) und die Pausen mit dem Fußballspielen. In der neuen Schule werden wir leider die Jüngsten sein obwohl wir jetzt die Ältesten der Primärschule waren. Im kommenden Schuljahr werden wir auch öfter Prüfungen schreiben müssen. Leider muss ich mich am 15.Juli 2011 von der Schierener Primärschule verabschieden, weil ich ab Mitte September das neue Lycée Ermesinde in Luxemburg besuchen werde und mit dem Zug dorthin fahren werde. Ab dem 2.Trimester darf ich dieses neue Lycée dann in Mersch besuchen und brauche nicht mehr so früh aus dem Haus zu gehen. Ab kommendem Schuljahr stehen wir nicht mehr so sehr unter der Obhut unserer Eltern, denn wir müssen langsam selbstständig werden. Ich hoffe, dass sich mein Traumberuf des Schreiners in Zukunft erfüllt.

Philippe Pereira: Die vielen Jahre hier in der Schierener Primärschule waren für mich lehrreich und interessant. Mit freundlichem Lehrpersonal haben wir Rechnen, Deutsch und Französisch gelernt. Besonders gut gefallen hat mir das Theaterspielen mit der Klasse gefallen. Wochenlang haben für unser Schultheater geprobt, das wir erfolgreich am 7. und 8. Mai 2oo5 im Festsaal vor vielen Zuschauern vorführen durften. Diese anstrengenden, jedoch wunderschönen Tage werde ich bestimmt nie vergessen. Bald werde ich das Lycée technique besuchen und hoffe dort auch so liebe Freunde(-innen) zu finden wie ich sie hier in der Primärschule hatte. Mein Berufswunsch ist Mechaniker.

Jos Kempa: Als Lehrer der 6. Klasse muss ich mich wohl ungern von meinen netten, freundlichen und fleißigen Schülern(-innen) verabschieden. Kaum jemals zuvor ist es mir so schwer gefallen, mich von diesen jungen Menschen zu verabschieden, denn diese Klasse zählte 15 disziplinierte, fleißige und nette Schüler(-innen), wie ich es selten zuvor erlebt habe. Kaum jemals zuvor hat eine Klasse so stark zusammen gehalten wie diese, ob beim Lernen, Theaterüben oder bei Streichen, ihr wart ein starkes Team!
Euch allen wünsche ich viel Erfolg in der neuen Schule sowie eine glückliche und gesunde Zukunft! Mögen sich Eure Berufswünsche alle erfüllen!!!

1. Rei v.l.n.r. stehend: Aida Latic, Leandro Delgado, Leo Freitas, Esteban Fortes, Jos Kempa, Christian Neu, Joyce Glover, Michael Majerus, Philippe Pereira, Romina Fortes

2. Rei v.l.n.r. sitzend : Gilles Theis, Kilian Frising, Steve Goncalves, Raphael Martins, Patricia Soares, Kim Mohnen.

Schoulfest 2011

Dëst Joer war de Motto

vun eisem Schoulfest

„Schieren“

Kenns du Schieren gutt? Hei am Atelier huet e missen Schierener Gebaier op déi richteg Plaz setzen. Bei „Dalli Klick" huet en d'Jofferen an d'Schoulmeeschteren séier missen erkennen. An engem Atelier goufe flott Unhänger gebastelt an engem anere lecker Uebstspiessercher gemeet.

Am Sportsatelier konnten d'Kanner weisen wéi fit se sinn.

Wann ee Loscht hat, konnt ee säi Gesiicht schéi mole loossen.

An engem Atelier gouf en Ofdrock vun de Kanner hiren Hänn gemeet fir dono opgehaang ze ginn.

Natierlech huet och d'Glécksrad net gefeelt.

Mëttes gouf et gutt Spaghetti preparéiert vum Dan aus dem Rousennascht. Als Dessert hate léif Elteren eis Kuch an Taart gebak.

Nomëttes du stong ee Fussballmatch: Gemengepersonal géint d'Schoulkanner aus dem Cycle 4.2 um Programm. Natierlech sinn d'Kanner aus dem 6. Schouljoër gutt vun hire Schoulkollegen ugefeiert ginn. Zum Schluss hunn d'Kanner duerch eelef Meter schéissen 7:6 gewonn. Merci dem Gemengepersonal, datt si spontan bereet waren dëse Match mat ze spillen, dem Arbiter an dem Schierener Futtball fir seng Uniformen.

*E grousse **Merci** geet un all déi Leit, déi bei dësem Schoulfest gehollef hunn, ouni si wir et net méiglech esou e Fest z'organiséieren.*

Merci de Kanner, déi um Schoulfest alles sou gutt matgemeet hunn. Merci der Gemeng, déi eis Schoul ëmmer gutt ënnerstëtzt, Merci de Mammen an de Pappen fir d'Hëllef an den Ateliers, beim Iessen, beim Dessert, bei de Fotoen., an der Kees. Merci der Musek fir d'Opriichte vum Zelt.

Merci fir d'Hëllef aus dem Rousennascht, Merci dem ganzen Léierpersonal fir d'Ennerstëtzung .

De Cycle 2,den dëst Joër d'Schoulfest organiséiert huet

Weber Blanche, Leone Giuseppina,

Storn Viviane, Pascal Hoffmann

SCHULHOFNEUGESTALTUNG IN SCHIEREN:

Unter dem Motto “Journée d’ action” trafen sich Kinder, Eltern, Lehrer(-innen) in Zusammenarbeit mit den Verantwortlichen der Gemeinde und OPE am 14.Mai 2011 im Schierener Schulhof, um dem bisherigen Schulhof ein neues, zeitgemäßeres Gesicht zu verpassen.
Nach wochenlangen Vorbereitungen konnten sowohl Kinder als auch deren Eltern die Grundlage für die Neugestaltung des Schierener Schulhofes legen.
Gegen 8.00 Uhr trafen rund 120 Personen ein, die sich alle im Voraus bereit erklärten, am schulfreien Samstag bei den ersten Spatenstichen für die Neugestaltung des Schulhofes mitzuwirken. Nach einer kurzen Begrüßung und einer kleinen Stärkung mit Kaffee und Croissant wurden die Helfer(-innen) in 4 Gruppen eingeteilt, so dass sie den Anweisungen der freundlichen Mannschaft von OPE (Objectif Plein Emploi) folgen konnten.
Eine Gruppe war für die Pflanzung diverser Sträucher, Hecken und Blumen verantwortlich. Zuerst musste natürlich der Boden umgegraben werden. Mit Spaten,Hacke und Rechen ausgerüstet konnten sogar auch die Jüngsten Freude an der Gartenarbeit gewinnen. Schließlich durften sie ihre eigenen Schulbeete entlang der Schulmauern bepflanzen.
Eine weitere Gruppe versuchte sich mit Pinsel und Farbe als wahres Künstlerteam. Voll Begeisterung wurden die Pinsel in Lackfarbe getaucht, um verschiedene Schulgeister zu bemalen, um Baumstämme künstlerisch zu verzieren, um Schulmaterial in überdimensionaler Größe aus Holz wie Bleistifte, Radiergummis und Lineale anzustreichen. Diese Holzgegenstände dienen dazu, später als Sitzfläche während der Pausen genützt zu werden.
Eine andere Gruppe , hauptsächlich unsere starken Väter, ging mit Motorsäge, ans Werk, um gewaltige Holzstämme auf eine bestimmte Länge abzusägen, die später zu Schaukeln, Klettergerüsten und einem Holzhaus zusammengefügt werden.
Überall wurde gebohrt, geschraubt, genagelt oder gesägt, eine stolze Leistung für Menschen, die vorwiegend täglich in Büros oder Schulen arbeiten.
Andere Erwachsene, bewaffnet mit Spaten, Hacke und Pickel, betätigten sich am Ausheben der Erde, um Platz für das dort entstehende Trampolin zu schaffen. Der Boden musste mühsam abgetragen werden und mit Schubkarren an einen anderen Platz befördert werden.
Überall, in jeder Ecke des Schulhofes, waren fleißige Hände am Arbeiten. An diesem Samstag zeigte der Wettergott sich von seiner besten Seite und die gesunde Mischung aus Kindern und Erwachsenen bei der Arbeit waren ein Garant für gute Laune.
Gegen Mittag wurden alle mit köstlichen Grillwürsten und einem frischen Getränk gestärkt.
Einen herzlichen Dank an die Gemeinde für die Zustimmung dieses Planes „Neugestaltung des Schulhofes“, einen ganz besonderen Dank aber auch allen Helfern/-innen, die in irgendeiner Weise zum Gelingen dieses erfolgreichen und fröhlich ablaufenden Arbeitstages beigetragen haben.

Bericht u. Fotos: Jos Kempa

Schoulhaff cour de récréation Schieren

AL SCHOULKLASSEN

1930-1931 Schüler=

Laufende Nummer.	Name und Vorname des Kindes.	Konfession.	Datum der Geburt.	Geburtsort des Kindes.	Geburtsland.	Staatsangehörigkeit.	Schulpflichtig geworden zu Beginn des Schuljahres	Schulpflichtig bis zum	Alter am 1. November 19
	1. Schuljahr.								
1.	Bley Johann	kath.	6. 6. 24	Schieren	Luxb.	Luxb.	1930	1937	6
2.	Esser Marie	"	12. 3. 24	"	"	"	"	"	6
3.	Fischbach Henri	"	19. 2. 24	"	"	"	"	"	6
4.	Gengler Johann	"	30. 5. 24	"	"	"	"	"	6
5.	Glodt Marg.te	"	24. 2. 24	"	"	"	"	"	6
6.	Heinz Michel	"	30. 12. 23	Mauhusmühle	"	"	"	"	6.
7.	Jacoby Marg.te	"	8. 3. 24	Schieren	"	"	"	"	6.
8.	Junk Germaine	"	5. 1. 24	Grundhof	"	"	"	"	6
9.	Lamesch Thomas	"	2. 8. 24	Larochette	"	"	"	"	6.
10.	Mey Margot	"	4. 2. 24	Schieren	"	"	"	"	6
11.	Michels Mathias	"	3. 10. 24	Bavern	"	"	"	"	6
12.	Niedercorn Marie	"	24. 8. 24	Simpert	"	"	"	"	6
13.	Stein Nicolas	"	24. 11. 23	Schieren	"	"	"	"	6
14.	Weller Marie	"	17. 5. 24	Coblenz	Deutsch	Deutsch	"	"	6.

1960-1961 : Liste

Numéro d'ordre	Nom et prénoms des enfants	Confession	Date de naissance	Lieu de naissance de l'enfant	Pays d'origine	Nationalité	Scolarité obligatoire		Age au 1er novembre 19....
							Commencement	Fin	
1	Heutges Arsène		4-12-53	"	"	"	60	68	6
2	Wagner Monique		15-7-54	Luxembo	"	"	"	"	"
3	Duschang "		21-7-54	Ettelbr.	"	"	"	"	"
4	Hansen M-Rose		4-8-54	"	"	"	"	"	"
5	Schmit Marcel		18-8-54	"	"	"	"	"	"
6	Petry M. Gabrielle		28-7-54	"	"	"	"	"	"
7	Welter Carlo		5-9-54	"	"	"	"	"	"
8	Nilles Jeanny		12-9-54	"	"	"	"	"	"
9	Barthelmé Raym.		26-12-53	Clervaux	"	"	"	"	"
10	Degrand Marcel		25-2-54	Wiltz	"	"	"	"	"
11	Pavels Charles		17-4-54	Ettelbruck	"	"	"	"	"
12	Jean-Claude Gustave		15-8-54	Lux.	"	"	"	"	"
13	Pascalin Heintz		8-1-54	Ettelbruck	Lux.	lux.	60	68	6
14	Denise Garson		10-9-53	Esch / Alz.	Lux.	lux.	59	67	7
15	Marx Michel		2-9-54	Feulen	"	"	60	68	6

EIS KLENG LIESER SCHREIWEN

Petri Heil !

Ich heisse Tun Origer und bin im ersten Schuljahr. Mein Hobby ist Fischen.
Ich packe die Angel und das Netz ein und gehe mit meinem Vater und mit meinem Bruder Yann zum Fischen. Angekommen bereite ich meine Spinnerangel vor und los geht's.
Ich werfe die Angel aus und warte ungeduldig dass ein Fisch anbeissen soll, und ups, da beisst schon einer an.
Ich bin sehr aufgeregt und kann kaum noch die Angel halten, es muss wohl ein dicker Fisch an meiner Spinnerangel sein denn ich kann sie kaum noch festhalten. Da kommt schon mein Vater und hilft mir eine dicke Regenforelle ans Ufer zn ziehen, Ich bin sehr erstaunt, denn so eine dicke Regenbogenforelle habe ich noch nie gesehen. ..... die war ja 49 Zentimeter lang. Ich staune und ich bin sehr stolz.
Ich kenne aber viele Fischarten: Forellen, Eschen, Aale, Laue, Barben und noch verschiedene Sorten. Ich bin stolz auf meine erste Regenbogenforelle .
Ich habe auch gelernt selber Fliegen zu binden, das ist eine Technik, dabei muss man sehr geschickt sein, aber das Fliegenfischen muss ich noch üben.
Fischen im Allgemeinen macht mir riesigen Spass.
Einmal an einem Freitag fragte ich meinen Vater ob wir am Samstag fischen gehen würden. Der antwortete nicht sofort und so fragte ich noch einmal, und noch einmal. Da antwortete mein Vater in einem ziemlich scharfen Ton: Ja, Tun, wir gehen morgen von 7 Uhr morgens bis 7 Uhr abends fischen. Ich habe kurz überlegt und sofort gesagr: Ei cool, das sind ja 12 Stunden. Darauf sagte mein Vater wir gehen morgen überhaupt nicht fischen denn wir haben zu Hanse noch andere Arbeiten zu tun:

SCHADE!



Die Forelle

Musik vum Franz Schubert
Text, geschriwe vu mengem Bopa Mil

Am Waasser schwëmmt eng Frellchen
Ech, paacke séier d'Angel aus
Ma'n un de Kroop e Wiirmchen
Dat ass fir de Fësch e Schmaus

Ech werfen aus an d'Waasser
A waarde bis d' Frell ugebass
Dann zéien ech meng Aangel
Eraus da mat ganz vill Schmass

Ech lee'n d'Frell a mäi klenge Kiirfchen
Mat vill Graass dann an e schéint klengt Aascht
:/: Daat ass fir mar de Mëtteg
Dem Bopa Mil säi Kascht :/:

62. Die Forelle



AMICALE DES ENROLÉS DE FORCE

Victimes du Nazisme Section Schieren

Nodeem ons Meedercher a Jongen, déi gezwongener Moossen hu missten ënnert enger Friemherrschaft mat an de Krich goen, erëm doheem waren, hu si sech zesumme gedoen an eng Amicale vun den Zwangsrekrutéierte gegrënnt. Landeswäit sinn die eenzel Sektiounen ënnert engem Hut an enger Federatioun zesummekomm. Et goufe Statuten ausgeschafft an ons Sektioun ass, wéi eng aner Organisatioun aus der Gemeng, an d'Veräinsliewen opgeholl ginn. An de 60er Joren huet d'Sektioun een Denkmal um Kierfecht ageweit fir deene gefalenen a verstuerwene Komerodinnen a Komeroden ze gedenken.

An der Sektioun sinn dunn dei iwwerliewend Persounen vun den Zwangsrekrutéierten weider als Member am Veräin bliwen.

Elo, mei wi 65 Joer nom Ausgank vum Krich, sinn die meescht vun hinnen net méi do. Den héijen Alter erlaabt hinne keen Engagement méi an ech hunn si dunn administrativ ënnerstëtzt. Nom Doud vu verantwortleche Memberen aus dem Komitee konnte mir net méi als Sektioun bestoen. Datt awer lo deene verbleiwende Kolleginen an Kollegen hir Memberschaft an der Federatioun net verluer geet, hu mir beschloss, eis un eng aner Sektioun unzeschléissen.

Zu Ettelbréck sinn e puer jonk Leit déi sech fir d'Erhale vun der Erënnerung un di schrecklech Zäit asetzen. Do hu mir eis administrativ ugeschloss. Een huet sech zu Esch Uelzecht ugemellt well hien och do liewt.

Hei zu Schieren bleiwt alles ewéi et war. D'Journée Commémorative am Oktober gëtt weider mat enger Mass a mat Blummenidderleeung virun der Kierch gefeiert. All eis Leit ginn zu der Feier häerzlech agelueden.

D'Denkmal um Kierfecht gëtt vun eisem Regiebetrib an der Riicht gehal. Een häerzleche Merci un eis Gemeng.

Garson Nico

EE SCHIERENER ERËNNERT SECH U SENG KANNERZÄIT:

Kandheetserënnerungen vum Vic Fischbach

D'Kanner vun hett wëssen nimméi, wéi et fréier an engem Duerf war. Et ass och schwéier, sech dat virzestellen. Hett geet ee Kand mat engem Handy an d'Schoul. An den zwanzeger Jaeren, wou ech op d'Welt komm sinn, haten déi wéinegst iwwerhat een Telefon. Mir krouschen den Telefon richt ëm 1928, well mäi Papp och nach Kéifokker war, an dee gebraucht huet.

Den Telefon war eng Këscht, déi un enger Mauer vun der Stuff oder vum Gank fest ugemeet war. Déi Këscht huet ausgesinn, wéi engt Pult „en miniature". Op der lénker Säit hong un engem Krop den Hörer an op där anerer Säit war eng Kierp. Fir eng Verbindung ze kréien, huet een d'Kierp gedréint, dann den Hörer an d'Hand geholl, an dann huet sech d'Post gemellt. Et huet een d'Nummer gesot, an d'Post huet sech dorëm gekëmmert, datt et op där aner Säit geschellt huet, an da konnt een an d'Tut schwätzen, déi aus der Këscht rausstong.

Och de Radio koum ganz spéit. De Radio war e Luxus. D'Lett haten och keng Zäit, fir d'Nouvellen ze lauschteren. Owes waren se mitt. Am Summer ass vill a bis spéit um Feld an am Stall geschaftt ginn, an d'Lett ware frou fir an d'Klapp ze kommen. Am Wanter sinn se alt mol uuchte gaangen. Wann d'Aarbecht am Stall an am Haus gemeet war, an nom Nuechtiessen ass d'Uucht ugaang. Dat war och schéin fir äis Kanner. Da konnte mir bësse méi laang opbleiwen. An der Uucht soutzen d'Noperen dann ëm de Kolonnenuewen an dacks bei der Luucht vun engem Känki. Well a villen Heiser ass et kee Stroum ginn, an och wann een d'Elektrescht am Haus hat, war een ni sëcher, ob d'Luuchte gaange sinn. Schieren huet deemols de Stroum vu Kieffesch Alfons vu Cruchte kritt, an do war dacks wéineg Verlooss drop. Duerfir hat all Haus e puer Känkiën. An der Uucht goufen Äppel an am Bakuewen gedrëchent Äppelschnëtz zervéiert an et ass Viez gedronk ginn. An et gouf gepotert. Sou sinn d'Lett alt och e puer Neiegkeete gewuer ginn. Mir Kanner goufen awer fréi an d'Bett geschéckt, an d'Noperen si bliwwen bis 11 Auer. Well deen aneren Dag gouf et fir si rëm Fréibiren.

Den Auteur Vic Fischbach koum dee 14. Mee 1922 zu Schieren op d'Welt. Pensionéierte Staatsbeamten, wunnt an der Stad. Hobbyen: Liesen, fotografëieren, molen, schreiwen a reesen.

D'Liewen an engem Duerf ëm 1925

Ech hat jo scho gesot, datt den Telefon an de Radio schon bal ee Luxus war. Hett huet all Stot een Auto, jo dacks souguer zwéin. Zu menger Kannerzäit haten zu Schieren nëmmen 3 Lett een Auto: de Kurbels (Dondlinger) Batty, och Milliounebatty genannt, Wirt a Kéifocker, hat eng Ford, de Jemmy (Fischbach, Metzler a Buttéck), hat eng Camionette, de Mierscher Benn (Stirn, Limonadier), hat eng Camionette.

Et ware mol nit vill Veloën an engem Duerf vun deemools. Kee Kand hat ee Velo; d'Eisebinner vu Schieren si mam Velo op Ettelbréck gefuer. Fir ze fueren, wann et däischter war, gouf et um Velo keen Dynamo. Et huet ee missen eng Karbiddsluucht hunn. An dat war nit sou einfach. Ech hunn alt nogekuckt, wann eisen Noper, Birbams (Heintz) Jampier, seng Luucht präparéiert huet. Déi Luucht huet aus dräi Deeler bestan. An engt ënnescht Dëppen ass Karbidd, an an dat eewescht Dëppen Waasser komm, a vun deem koumen Drëppsen Waasser op de Karbidd. Doduerch ass ee Gas entstan. Dee Gas ass duerch eng Leitung an de Luuchtekapp komm. Mat engem Fixspoun ass de Gas ugefaang ginn, a sou hat ee Luucht um Velo.

De Kéifocker: eng vun den dräi Schierener Symbolfiguren

Wéi hunn d'Lett deemools geliewt: A kengem Haus zu Schieren ass et all Dag Fleesch z'iesse ginn. Bei de Baueren war dat e bësse besser. Déi hu selwer geschluecht: 2 bis 3 Schwäin d'Jaer. Nom Schluechten ass nach puer Deeg Frëschfleesch giess ginn. Gehäcks, Träipen an déi eng oder déi aner Kotlett. D'Mamm huet och Liewerkéis a Jelli gemeet. Dat meescht ass an d'Haascht komm, sou datt awer bei engem Bauer méi dacks Fleesch um Menu war, allerdéngs gedrëschent. Hett wiess kee méi, wéi eng gutt Ham schmaacht. Mäi Papp sot ëmmer: Virun 2 Jaer: Schwéngefleesch, no 2 Jaer: Ham. An un där Ham war mindestens 3 cm Speck. Moies, beim Kaffi ass et dann och mol Speck ginn, mee ëmmer Gebeess, wat selwer gemeet war, mat Kréischelen, Rhubarb, Erdbier, Äppel, Quetschen a Quidden. All Hausfra war stolz op déi Rei Gleeser, déi mam Gebeess an der Spënnche stongen. An dann nach déi Pokalen mat agemeete Friichten: mat Quetschen a Kiischten.

All Bauer, an och nach vill aner Lett am Duerf, haten Hénger. Ee Poulet ass seele giess ginn; mol een Hong. Do ass gesot ginn: "Wann een Hong geschluecht gëtt, ass entweder d'Hong krank oder de Bauer."

Mëttes gouf et ëmmer eng Zopp, beim Bauer dacks eng Britt, déi vum gedrëchente Fleesch, vläicht vun engem Kënnbak, hierkoum, mat Vermichel dran. Virdrunn war awer nach gebeet ginn, an haart. Ouni Gebeet ass keen Iessen ugaang an huet och kengt opgehal. No der Zopp, gedrëchent Fleesch, Grompere mat Gréiwen drop a Geméis aus dem Gaart. D'Kanner hunn dono vläicht nach e Kichelche kritt, awer nit ëmmer. Iwwer Dësch ass beim Bauer gewéinlech Mëllech gedronk ginn oder Waasser vum Krunn. Am Hierscht, wann d'Äppel raf waren: Viez, am Ufank séisse Viez, no e puer Deg war et domat riwwer an hien hat gegärt. Sou hunn déi Erwuessen de Viez léiwer gehat. Nom Iessen hunn déi och nach eng Taass Kaffi gedronk. Et muss och gesot ginn, datt an deene meeschten Heiser freddes ni Fleesch giess gouf. Dat hat deemools d'katholesch Religioun verbueden. An der Karwoch koum op Äschermëttwoch a Karfreddeg och kee Fleesch op den Dësch.

Um véier Auer hunn d'Lett, wann se doheem waren, eng Schmier, Botter a Gebeess mat enger Taass Kaffi kritt. Dat war eng Paus vu 15 – 20 Minutten.

Owes, wann d'Aarbecht am Stall an um Feld gemeet war, gouf et d'Nuechtiessen. Da koum ee grousse Plättel op den Dësch, sou ongefëier 50 cm am Duerchmeesser, mat gedämpte, gebootschte Gromperen mat vill Gréiwen, déi an engem Digel um Feier gestanen hunn. D'Fett ass mat de Gréiwen iwwert d'Grompere geschott ginn, an déi hunn da richteg blénkeg ausgesinn. Jiddfereen hat eng Jatt viru sech, an d'Hausfra huet aus engem stengen Dëppen mam Zoppeläffel d'Tasen mat Brach gefëllt a sou datt d'Brach schéin zesummebliwwe ass. Mat der Forschette sinn d'Grompere vum Plättel geholl ginn. Et war verbueden d'Gromperen am Fett ze „dripsen". Dat konnt ee richt man, wann et mat de Gromperen zum Enn gaangen ass. Déi Grouss hunn dono nach een Tas Kaffi kritt.

Beim Bauer ass d'Brout och selwer gebak ginn. An der Mull ass den Deeg gemeet ginn, ouni Heef, mee mat saueren Deeg, Deessem housch deen. Wann den Deech laang genuch gekneet gi war, ass hie stoe gelooss ginn, bis datt e gutt op war. Dono gouf hien an d'Kuerbele gepakt, déi sou grouss ware wéi Ploureeder. Ronn ee Kilo Deeg ass an der Mull bliwwen: dat gouf den Deessem fir déi nächst Bäckegt a 14 Deeg. Mir Kanner hunn dann och mol gehollef, d'Kuerbelen an d'Bakes ze droen. Do hat de Papp de Bakuewen scho laang virdrunn op déi néideg Temperatur bruecht. D'Hëtze vum Bakuewen ass mat Feschenholz gemeet ginn. D'Fesche sinn op ee Koup Stréi geluegt ginn, déi een mat Fixfeier ugefaang hat. Wann alles verbrannt war, sinn d'Äsche rausgeschärt ginn. De Bakuewe war gliddeg an den Deeg ass aus de Kuerbelen op d'Broutschéiss fale gelooss ginn. D'Broutschéiss ass an den Uewe gestouss ginn, a mat engem secke Rock ass d'Schéiss rausgezuge ginn. Sou ass een Deeg nom aneren an den Uewe geschubbst ginn. Normalerweis sinn 10 – 12 sou Ploureeder gebak ginn.

No zirka zwou Stonnen war d'Brout fäerdeg. De Papp huet awer vun Zäit zu Zäit an den Uewe geluusst, a sou huet hie gesinn, op d'Brout gutt gebak war, a wéini d'Zäit riwwer war.

Mir Kanner hu gehollef, d'Brout aus der Bakes riwwer an d'Haus an an d'Spënnchen ze droen. Do stong ee Schaf, an an deen ass d'Brout, engt niewent deem aneren, opgestallt ginn.

Ei, dat herrlecht Bauerebrout. Hett kritt een och „Bauerebrout" ze kafen. Och wann et gutt ass, et ass ni sou gutt, wéi dat Brout, dat de Bauer selwer gebak huet, et huet geschmaacht, herrlech, zemol déi éischten Deeg! Iert d'Brout opgeschnidde gouf, huet de Papp oder d'Mamm mam Messer engt grousst Kräiz iwwert d'Brout gemeet.

En ale Bakuewen, duergestall op enger Keramikplack vum Charel Schmit

All Bauer huet, soulaang et keng Molkerei zu Schieren gouf, Botter gemeet. Mat der Zentrifuge ass d'Mëllech entrahmt ginn, a wann et nit vill Rahm war, ass en an deen héige Stoussromp geschott ginn, a mat engem Stéisser, deen duerch ee rond Lach am Deckel vum Romp gaangen ass, gouf de Rahm sou laang gestouss, bis et Botter war. Mir Kanner soutzen dann och mol ronderëm de Stoussromp, well bei all Stouss ass e bësse Schmant aus dem Lach op den Deckel komm, a mir Kanner hunn dee Schmant da mam Fanger weggewëscht an afgeleckt.

Wann et méi Rahm war, koum deen an de Romp. Dat war ee rond Faass. Un deem Faass war eng Kierp, déi Schaufelen gedréint huet. De Wässeg ass duerch eng Zull rausgelaf an de Botter war fäerdeg, wann een d'Kierp bal nimméi gepackt huet a kee Wässeg méi rausgelaf ass.

De Botter gouf da schéin a Spezialpabeier agepaakt an afgewiegen op ee Pond. D'Noperen an aner Lett aus dem Duerf sinn de Botter kafe komm.

Sou war et och mat der Mëllech. Eng Stéit hunn all Dag ee Liter kritt, an aner och méi. Wann si d'Mëllech siche komm sinn, hu si engt Dëppche matbruecht, an dat vollt hunn se wechgeholl. D'Mëllech ass all Woch bezuelt ginn, de Botter wann e wechgeholl gouf.

Well et och Stéit gi sinn, déi keng Hénger haten, goufen d'Äer och beim Bauer kaaft.

Sonndes war Feierdag. Vill Lett sinn um 7 Auer an d'Fréimass gaangen. Um halwer 11 war d'Houmass, a kee Schierener huet dora gefeelt. Vläicht gouf et am ganzen Duerf zwéi Männer, déi nit an d'Kierch gaange sinn. Ech weess awer nit méi, wien déi waren. Um halwer 12 war d'Mass aus. D'Fraen sinn heem gaangen, si hu jo misse kachen. D'Kanner sinn och heem gelaf, mee d'Männer sinn nach an d'Wiertschaft gaangen. Fir vill war dat déi eenzeg Kéier an der Woch. Si si riicht riwwer bei Meiesch Hary, oder bei de Schwäizech Emile (Tibessart) oder bei de Fiss (Thilmanys Alfons) oder a Géirense gaangen.

An der Kierch soutzen d'Männer ëmmer streng op der rechter Säit an d'Fraen op der lénker Säit. Deemools war et onméiglech, datt Fra a Mann zesummen op där selwechter Säit soutzen!

Um véier Auer war Vesper. Di meescht Fraen sinn och an d'Vesper gaangen. Mir Kanner hu missen dra goen, och wa mer nit Massendénger waren. Um halwer 8 war d'Andacht. All Kand war do rëm präsent, vill Fraen an och e puer Männer. Och de Kierchechouer, d'Cäcilia, war um Ducksall.

Ech weess allerdéngs nit, ob vill gebeet ginn ass. Et war de Brauch, a sou ass et gehale ginn.

Fir d'Prozessioun goufen d'Altär an deene klenge Kapellen gerëscht

Déi Männer, déi nit an d'Vesper gaange sinn, hunn dann och mol de Wee fir an eng Wiertschaft fonnt. Dann ass mat der Kaart gespillt ginn: normalerweis Kontramit oder Mënsch. Oder si sinn op eng Keelebunn gaang. Zu Nidderschieren gouf et 2 Keelebunnen: eng beim Fiss an eng bei Petit's Ed, wou spéider Kesslesch waren. Eng aner war zu Uewerschieren, bei Géirensen. Dat waren awer keng Schéierbunnen: et ware Sandbunnen. Et waren och nëmmen 3 Keelen, déi opgestallt goufen. Déi éischt Schéierbunnen gouf et zu Uewerschieren beim Chär (Charel Majerus) a bei Schwäizech Emile, eng ganz kuerz Bunn, vläicht nëmmen 15 m laang. D'Klatzen sinn deemools nit automatesch zréckkomm, an d'Keelen hu missen opgeriicht ginn. D'Reiteschjongen (Reuter) hunn sech do e klengt Täschegeld verdéngt.

Deemools sinn och d'Bittprozessiounen duerch Schieren gaang. Do waren déi dräi vun den Äishellegen: Pankratius, Servatius a Bonifatius. Dann déi feierlech Prozessioun, déi op Zerläichendag (Fronleichnam), wou de Paschtouer ënner dem Baldachin, dee vu jonge Borschte gedro gouf, mat der Monstranz duerch d'Duerf gaangen ass, a bei all klenger Kapell néiergeknéit a gebeet gouf. Bei där Prozessioun sinn och d'Haiser gerëscht ginn. Op der Trap vun der Agangsdier oder op enger Fënster gouf sou eppes wéi een Altar mat Blummen opgestallt. Mir haten deen Altar op der Trap fir an d'Haus. Blummen aus dem Gaart, d'Päischtrouse ware grad op, an dozwëschen op engem Sockel d'Statu, ronn 60 cm héich, vum Häerz Jesu, a lénks a rechts een Engelchen, dee geknéit huet. Déi lescht Prozessioun war de 15. August, op Mariä Himmelfahrt. Do ass och d'Monstranz vum Paschtouer ënner dem Baldachin gedroe ginn, an aner jong Kärelen aus dem Duerf hunn d'Muttergottes gedron.

Deemools hat kee Bauer een Traktor: si hate Päerd, et waren der och do, déi Ochsen ugespaant hunn. D'Gras ass laang mat der Séissel geméit ginn, ier et eng Méimaschinn gouf. Datselwecht war et bei de Kären. Wéi d'Méimaschinn do war, ass awer nach ëmmer lassgeméint ginn.

Da sinn owes d'Séissele geklappt (op däitsch: dengeln) ginn. Dat huet een am ganzen Duerf gehéiert. D'Klappe vun der Schärft vun der Séissel war eng Kenntschaft fir sech. Et huet ee missen oppassen, datt d'Séissel nit den Dadder kritt huet, d. h. datt di ënnescht Säit wou d'Schärft ass, duerch d'Klappen nit méi laang gouf wéi d'Séissel u sech.

D'Kärefriichten si mat enger Maschinn mat Ableger geméint ginn. Hannendrunn waren da Fraen a Männer, déi deen afgeluegte Koup zesummegepaakt a mat den Halmen zu enger Gaarw gebon-

nen hunn. Wann d'Feld geméit war, sinn d'Gaarwen zu 4 oder zu 6 op Poppen opgestallt ginn. Wann ee Gléck hat, huet et 3 oder 4 Deeg nit gereent, an dann ass de Won komm, et ass alles opgeluede ginn, an domat gong et bei den Schwäizesch Emile, well do stong di eenzeg Dreschmaschinn am Duerf.

D'Käere koumen an d'Säck, d'Stréi koum gebonnen aus der Maschinn, an d'Kuef ass op ee Koup geblose ginn. D'Kuef ass och geholl ginn, well déi huet ee gebraucht, fir se mat de Rommelen ze vermëschen. D'Rommelen waren duerch d'Rommelsmaschinn a Stécker geschnidde ginn.Wann et Kuef vun Huewer war, si Säck domat voll gemeet ginn. Déi Kuef koum an eng Huss fir ënnen an d'Bett, an am Wanter an d'Divetshuss, fir et gutt waarm ze hunn.

Et huet laang gedauert, bis d'fahrbar Dreschmaschinn komm ass. Virdrunn koum nach déi Dreschmachinn, déi beim Bauer um Haff gedresch huet.

Eng Dreschmaschinn

Fir äis Bauerekanner war och Aarbecht do: mir hu misse läiteren. De Rommelssom ass nit verkaft ginn wéi hett, wou de Som sou preparéiert ass, datt vun engem Kär nëmmen eng Rommel wiisst, an d'Maschinn all 25 cm nëmmen ee Käer rausléisst. Dat Läitere war eng mühseleg Aarbecht. All déi zevill Planze goufen rausgerappt, sou datt nëmmen eng Rommel zirka 20 - 25 cm vunenee gewuess ass.

An dono si mir och ugespaant ginn, fir d'Kraut wegzekappen, dat an der Zwëschenzäit gewuess war.

D'Récolte vun de Rommelen war keng Aarbecht fir Kanner. Zu Schieren sinn awer ëmmer vill Rommelen gewuess. Um Gritt (laanscht d'Uelzecht) ware vill Stécker mat Rommelen. Do war Sandbuedem, d'Rommele ware propper, soguer wann et gereent hat. Um Léihbierg, Ënner dem Iewenzeche Bierg an och Op Langert war dat nit de Fall. Mee do stongen och Rommelen, well aus dem Éisléck sinn d'Baueren op Schieren komm, fir Rommelen ze kafen. Am Éisléck si keng Rommele gewuess, well de Buedem do sauer ass. Déi konnte richt Rommelen do zillen, wéi d'Thomasmehl koum.

Mat de Gromperen war och vill Aarbecht. Do war eng Fuer gezunn, an op all 25 cm ass eng gekéingte Gromper aus dem Duch, dat de Bauer ëm den Hals geschlon hat, fale gelooss ginn. Dono gouf d'Fuer mat de Gromperen zougedeckt. Ganz fréier war och keng Maschinn do, fir d'Grompere aus dem Bueden ze huelen. Zu menger Zäit gouf et awer déi Maschinn schonn. Si gouf vum Päerd gezunn, a Schaufelen, déi sech gedréint hunn, hunn d'Gromperen aus dem Buedem rausgeworf. Fir se opzerafen, hat de Bauer Nopeschfraen engagéiert, déi hunn d'Gromperen opgeraf, an normalerweis war ee Mann do, fir hinnen ze hëllefen, fir d'Gromperen aus dem Kuerf an ee Sak ze dinn.

Um 4 Auer gouf et eng Paus. Dann ass schwarze Kaffi gedronk ginn, awer ëmmer mat engem Stéck Quetschentaart dobäi.

Owes sinn d'Säck op de Won geluede ginn, an d'Männer hunn se an de Gromperekeller gedron, an d'Grompere koumen a verschidde Fächer. Dee Keller war däischter, sou datt d'Gromperen nit gekéngt sinn.

Déi Lett, déi dem Bauer gehollef hunn, krouschen vun him ee Këpp Land (vläicht een oder zwee ar), an do hunn déi Lett hir Grompere geplanzt. An déi hu si awer mam Heel rausgeholl.

Deemools hate vill Lett am Duerf Geessen, Gendarmskéi sinn se och genannt ginn, well héchstwahrscheinlech fréier d'Gendarmen dacks Geessen haten. Zu Schieren ware bestëmmt 10 Stéit, déi Geesse gehalen hunn.

An den zwanzeger Jaeren waren och 2 Schofsträpp zu Schieren. De Fiss (Thilmanys Alphonse) hat een an de Meiesch Hary. De Fiss huet säin Trapp ëm 1925 awer afgeschaaft, mee den Hary hat deen nach laang, a säi Fils, de Camille, ass nach eng Zäit domat virugefuer.

De Schéifer Camille Mergen

Selbstverständlech gouf et deemools och nach keng Sträichmaschinn. D'Kéi si mat der Hand gestrach ginn. Allerdéngs war den Trapp nit sou grouss wéi hett. Wann ee Bauer 10 Kéi hat, war dat scho vill. Da wousst een och, datt säi Betrieb sou ongeféier 20 ha grouss wier. A ville Bertrieber war d'Sträichen d'Aarbecht vun der Hausfra. Di meeschte Betrieber waren awer méi kleng wéi 20 ha.

An der Vakanz hunn déi méi grouss Bauerekanner d'Kéi gehitt. Wann een e gudden Hond hat, war dat nit schwéier; well deen huet opgepasst, datt d'Kéi nit an ee Stéck gelaf sinn, wou eventuell Kléi oder Rommelen dra waren. Mir haten ëmmer een exzellenten Hond, richteg Kéimuppessen. Déi huet een dorun erkannt, wann se un den hënneschte Been duebel Afterkrallen haten.

Wa mer d'Kéi gehitt hunn, hu mer dacks ee Feier gemeet, an doranner Grompere oder Äppel gebroden. Do hu mir och fir d'éischt probéiert ze fëmmen. Een hat bëssen Tubak doheem geklaut an deen anere Fixfeier. Eng Kéier hat ech eng ærde Päif fonnt, wou nach bëssen alen Tubak dra war. Déi war vu mengem Monni Martin, deen ëmmer déi wäiss ærde Päife geraacht huet. Beim Kéihidden hunn ech déi Päif gefëmmt. Mee frot nit wéi schlecht et mir ginn ass a wéi ech mech iwwerginn hunn.

Wann ee Kiischtebam nobäi stong, si mir op de Bam geklotert, an hu Kiischte geklaut. Kiischten waren deemools eppes Extraës.

Deemools gouf et natierlech nach keng Wäschmaschinnen. Déi normal Wäsch gouf vun de Fraen an der Baach gemeet. „Um Buer" huet dat geheecht. Déi Wäschplaz war iwwerdeckt, an d'Wäsch

war ausgebaut, an zwar sou, datt een, wann een op de Knéie soutz, eng glat, zum Baach geneigte Maierchen virun sech hat. D'Frae soutzen an der Rei op de Knéien. D'Wäsch, d.h. d'Heemer, d'Nuesschnappecher, Blusen, Kalzongen an ënnecht Kleedercher goufen op der Maierchen mat Marseiller Seef ageriwwen, op der Maierchen mam Blell geklappt, an an der Baach ausgedréckt. Et schéint, datt dat d'Wäschmaachen um Buer ville Frae gefall huet. Well do konnten si schwätzen, an et schéint, et war ëmmer ee Gejaders do. Dohir kënnt och vläicht de Sproch: „Hie schwätzt wéi eng Wäschfra." Och wann een e bëssen duerchernee geschwat huet, gouf gesot: „Deen huet eng mam Blell kritt."

D'Kiselbaach mam Wäschbuer an der Véidränk

Déi grouss Wäsch ass nëmmen e puermol am Jaer gemeet ginn. Duefir huet een eng grouss Bidde gebraucht: eng Bauchbidden, déi méi wéi 20 Eemere Waaser gehalen huet. An där Bidden sinn déi grouss Lellecher gewäsch ginn an d'Divetshussen. Dat verbrauchte Waasser ass lafe gelooss ginn, a frëscht kache Waaser gouf bäigeschott. D'Wäsch ass an der Bidde gedréint ginn, bis se propper war. D'Waasser ass rausgelaf, d'Léngen gouf rausgeholl, an domat ass een mat der Stousskar op de Gritt bei d'Uelzecht gefuer, wou et op d'Gras geluegt gouf. Wann de Koup nit ze déck war, koum et och op de Wuess am Gaart.

Wéi sinn d'Lett fréier Avisën vun der Gemeng gewuer ginn? Deemols gouf et kee Louis, et huet och keen eng Matdeelung an d'Haus geschéckt kritt. Alles, wat d'Gemeng ugaangen ass, koum an de Reider. Deen hong un der Mauer bei der Schoul, wo och d'Gemeng war. De Reider war eng hëlze Këscht, déi een Deckel hat, deen een opmaache konnt. An d'Këscht koum d'Matdeelung vun der Gemeng. Dat konnt ee liesen duerch de Gitterdrot, deen um Deckel gespaant war.

D'Matdeelung ass awer och mündlech gemeet ginn. Do ass de Boudlesch (Boudler) Néckel mat enger décker Schell durch d'Duerf gaangen, an iwwerall, wou eng Säitestrooss oder ee Säitewee war, ass hie stoe bliwwen, huet dräimool fest geschellt, an huet d'Matdeelung haart ausgeruff. Sou sinn all Lett gewuer ginn, wat lass war, wat fir eng Versammlung gehale gouf.

Wann ee Kand op d'Welt koum, ass dat matgedeelt ginn. D'Kanner aus dem Duerf sinn och gewuer ginn, wéini d'Kand gedeeft gouf. Dat war dann och den Dag, wou Kamellen ausgedeelt goufen. D'Kanner hu sech virum Haus vum Bébé versammelt, an de Pätter oder d'Giedel vum Kand koum op d'Dier, an da si Kamellen ënner déi versammelt Kanner gehäit ginn. Et huet laang gedauert, bis mir Kanner eng Tiitche mat Kamelle kritt hunn. Ech ka mech nit erënneren, datt an der Tut eemol agewéckelt Kamelle waren.

Dem klenge Bébé sinn och Lidder gesonge ginn. Schloflidder, déi komesch a souguer e bësse grausam waren. Lauschtert:

Schlo-o-o-f, Këndche, schlo-o-o-f,
du bass der Mamm hirt Scho-o-o-f,
däi Pappa ass a Pommerland,
Pommerland ass afgebrannt,
Schlo-o-o-f, Këndche, schlo-o-o-of.

An engt anert Liddche fir kleng Kanner:

Eia popaia, schlo d'Dickelchen dout,
et leet mer keng Äer méi, et frësst mer mäi Brout
Kikriki !

Engt anert, méi léif :

Hopp, hopp Päerdchen
Päerdchen am Galopp
Päerdchen huet ee Fillchen,
d'Fillchen huet ee wäisse Fleck,
wërft dat Këndchen an den Dreck.

Et hat een d'Kand um Schouss, an zum Schluss huet ee gemeet, wéi wann een et géif op de Buedem fale loossen. An d'Kand huet da gejaut vu Freed.

An hei dat lescht:

Hei hues de een Daler,
da gees d'op de Maart
a keefs d'er eng Kou,
mat engen Këllefchen dozou
mat engem klenge Schwänzchen,
didlididlidänzchen.

Dobäi huet een d'Hand vum Kand gehall, a mat dem Fanger d'Hand vum Kand gekëddelt.

Wann een am Duerf gestuerwen ass, gouf d'Péiss gelaut. Wann d'Klacken zweemol gelaut hunn, wousst een, datt ee Schierener gestuerwe war.

Iwwregens, d'Klacken hunn deemools méi dacks gelaut wéi hett. Obschonn zu där Zäit d'Klacken nit elektresch gaange sinn, huet dach d'Muergesklack am 6 Auer moies gelaut. Fir déi deeglech Mass um halwer 8 sinn d'Klacke rëm gelaut ginn. Um 12 Auer ass de Mëtteg gelaut ginn, am um 6 Auer owes den Angelus. Dee Mann muss ee bewonneren, deen dat regelméisseg gemeet huet an ëmmer pünktlech. Fir Sonndes war nach vill méi Aarbecht, zousätzlech: Fréimass, Houmass, Vesper, an Andacht.

All Jaer ass ee Waldfest gefeiert ginn. Dat hunn d'Pompjeeën organiséiert am Manertslach a spéider vis-à-vis vun der Colmer Gare. Da sinn am Bësch all méiglech Stänn opgeriicht ginn; et gouf z'iessen an ze drénken. Et gouf och eng Danzpist gebaut an et ass ee mat enger Harmonika engagéiert ginn. Et sinn och Spiller gemeet ginn, z. B. Sacklaufen. Déi jong Kadettem sinn an ee Sak geklommen, de Bord vum Sak huet ee festgehall an op Kommando gong et lass. Vill si gefall, an deen éischten huet dann alt eng Zoossiss kritt oder eng Tut Kamellen. Da gouf et och „Wurstschnappen". Un engem Seel hongen Wirschtercher, d'Hänn huet een op de Réck gebonne kritt, a sou huet ee misse sprangen, fir mam Mond un ee Wirtschtchen ze kommen. Op engem Bam gouf eng Ham opgehaangen, a wie bis dohinner klamme konnt, huet d'Ham kritt. Eng Bud war och do, wou ee mat Steng opgestallten Dëppercher huet missen ëmwerfen.

De Gesangveräin Liberty 1923

De Gesangveräin Liberty huet och all Jaer Theater gespillt. An deem Theater hunn och Meedercher matgespillt an dat war fir een Duerf scho bal eppes Ongewéinleches. D'Bleys Julie an och Schwäizech Lisy hu matgespillt. An dat waren zwee ganz schéi Meedercher. De Gärtnesch (Rommes) Hein, huet méi wéi engt Theatersték geschriwwen. Ech ka mech un engt erënneren: Professor Viereck. An deem Stéck wollte Studenten hirem Professor, deen sech Viereck geschriwwen huet, eng andinn. Fréier war d'Reesen nit sou einfach wéi hett. Dacks ass een beim Agank an eng Stad kontrolléiert ginn, a sou war et och an dësem Stéck. Deen éischte Student koum op de Kontrollposten, an do ass säin Numm gefrot ginn: „Professor Eineck" huet hie gesot. Deen zweete Student koum e bëssen dono, an hie sot och säin Numm: „Professor Zweieck". Dat huet dem Kontrolleur scho bosseg geschéint, an hien huet sech seng Gedanke gemeet. „Oh waart, wa lo nach sou ee kënnt, dee kritt et mat mir ze sinn." Deen drëtten huet séier säin Numm gesot: „Professor Dreieck". De Kontrolleur ass deem nogelaf, mee de Student war méi flénk an ass entwëscht. Du koum de Professor. Hie gouf och gefrot, an dee sot ganz gemittlech a bëssen vun uewen eraf: „Professor Viereck". De Kontrolleur ass opgesprongen, huet de Professor mam Schlawittche geholl an op der Wacht afgeliwwert. Et huet ee Strapp gedauert, bis de Fall sech geklärt hat. Mee, d'Lett hate gutt gelaacht.

D'Cäcilia huet och eng Kéier Theater gespillt; du war ech awer scho bësse méi al, ech mengen sou ronn 16 oder 17 Jaer. Nit laang virum Krich. D'Stéck housch: Der alte Förster. Ech weess nimméi den Inhalt. Ech mengen, et huet sech ëm d'Braconnéieren gedréint. Ech weess awer, datt ech den alen a Géirense Gust de jonge Feeschter gespillt hunn.

Regelméisseg ass och de Lompekréimer duerch Schieren komm. Hie war vun Ettelbréck, vum Bolgesteen. Hien hat ee klenge Won, dee vun engem Pärd gezu gouf. Dat war kee Bauerepärd, mee ee grousse Pony. Um Weenchen hat hien all Zort vu Parzeläin. Hien huet geschellt, an da woussten d'Lett, datt de Lompekréimer ënnerwee war. Hien huet all alt Gezei kritt, wat futti war: Kalzongen, ënnescht Kleedercher, zerrasse Blusen, futtis Lellecher, kapotte Boxen a sou weider. Je nodeem wéi grouss de Koup war, huet ee Jatten, Tasen, Telleren oder ee Kaffisbiz kritt.

De Lompekréimer huet dann doheem nach missen eventuell d'Knäpp rafschnedden, vläicht och alles wäschen, wann alles drekkeg war. D'Lompe sinn un d'Pabeierfabriken afgeliwwert ginn. Mam Geld huet de Mann rëm Parzeläin akaaft.

Et war kee schéine Beruf, an de Mann ass just nit erhéngert. Nach een aneren ass duerch eist Duerf komm. De Schéiere-schläifer. Hien huet geruff: „Schéiere, Messeren, alles kritt Dir geschlaff." An d'Lett hunn him d'Schéiere bruecht an di stompeg Kichemesseren.

Et gouf gesot: d'Schéiereschläifer kiemen aus dem Pafendall. An do ass ee Witz verzeelt ginn: Wann d'Nopeschfra gefrot huet: „Wou ass däi Mann?", dann hätt déi geäntwert: „Mäi Mann as mat der Maschinn raus."

De Schéireschläifer

Ouschteren

Ouschteren war fir äis Kanner eng ganz speziell Zäit: well do ware mir déi wichtegst am Duerf. Mir si klibbere gaangen. Ech weess nit, wéi et hett zu Schieren gehal gëtt, mee hei an der Stad héiert ee kaum nach eppes dovun. Nëmme Karsamsdeg kommen d'Kanner awer d'Ouschteräer sichen. Déi erwaarden sech awer keng Äer, mee Geld.

Zu menger Zäit waren déi Deeg virun Ouschteren awer eppes Spezielles fir äis Kanner an zwar duerch d'Klibberen. Ech mengen, vum 1. Schouljaer un ass ee matgaang. Déi kleng Kanner haten normalerweis eng Klibber, déi méi grouss eng Rubbel. Ech hat direkt eng Rubbel: déi hat ech kritt vu mengen Koseng, dem Tubakspënnesch (Fischbach) Martin.

Dunn huet een och gesinn, datt Schieren 2 Deeler hat: Nidderschieren an Uewerschieren. Well déi Nidderschierener Kanner si fir sech gaang an die uewerschierener Kanner och fir sech. Vläicht war dat sou, well eist Duerf sou schrecklech laang ass. Et wier praktesch onméiglech gewiescht, dat ganzt Duerf mat enger Grupp ze man.

D'Rubbelen ass Gréngen Donneschdeg um 12 Auer ugaang. Mir, déi Nidderschierener, hunn äis um Enn vum Duerf opgestallt a si bis bei d'Kierch rubbele gaangen. Owes um 6 Auer fir den Angelus. Op Karfreideg si mer um 6 Auer, wéinestens déi grouss, lassgaangen, um halwer 10 fir d'Mass an um 12 Auer fir de Mëtteg. Owes fir de Kräizwee. D'Statioune si gebeet ginn an dono si mir vun der Kierch bis zum Enn vum Duerf fir den Angelus rubbele gaangen.. Karsamsdeg rëm um 6 Auer, an um 10 Auer si mer an d'Haiser gaang, fir d'Ouschteräer opzehiewen.

Déi eng hunn 2 oder 3 wäiss Äer ginn an een oder zwéi Frang, déi aner vläicht och engt faarwegt Ee. Bei Jemmys (Metzler Fischbach) hu mer am meeschte kritt: all Kéier eng Dosen gefierwten Ouschteräer.

Wa mir dat ganzt d'Duerf geklappt haten, si mer bei eng Scheier oder ee Schapp gaangen, well do si laang d'Ouschteräer verdeelt ginn. Ech ka mech erënneren, datt ech di éischte Kéier 2 wäis Äer a 5 Sou kritt hunn. Déi grouss hu mat deene klenge gedeelt, wéi d'Pissinger mat de Kueben. Mir hunn äis virgeholl: wa mir am 6. oder 7. Schouljaer sinn, ma mir datselwecht.

Et ass awer nit souwäit komm. De Bourkel hat héieren, wat déi

grouss mat de klenge gemeet hunn. Hien huet ee Machtwuert geschwat: „Nom Äersammelen kommt dir lo allegueren an d'Schoul, an do verdeelen ech d'Äer." Dat ass sou gemeet ginn, a vun do un sinn d'Äer an d'Suen gerecht verdeelt ginn: déi grouss krousche bësse méi wéi déi kleng. Awer, mir waren all zefridden.

Déi Nidderschierener waren nit sou gutt bedéngt, wéi déi vun Uewerschieren. Zu Nidderschieren ware vill méi Kanner, an och wann do méi Heiser sinn, hunn déi vun Uewerschieren pro Kand méi kritt. Déi hunn och de Kräizbierg, de Schierener- an de Matjeshaff, d'Tussengsmillen an d'Biertrenger Schlass matgemeet.

Eng Kéier, Karsamsdeg, hate mir och Sträit mat den Uewerschierener: Dat war ënnert der Bunn. Et ass mat Steng gehäit ginn, an een Uewerschierener gouf am Gesicht getraff. De Papp huet sech beklot beim Schoulmeeschter. Ech erënnere mech awer nit méi, wéi d'Saach ausgong.

D'Schierener Kiermes

Päischten war deemools wéi och hett déi Schierener Kiermes. Hett ass eng Kiermes awer eppes Normales. Fréier ass eis Kiermes ganz festlech gefeiert ginn, well et war deen Dag, wou villes op den Dësch komm, wat et am ganze Jaer nit ginn ass. Freddes virun der Kiermes, ass de Kiermeskuch gebak ginn. Dee Kuch war ronn an och sou grouss wéi ee Plourad an huet och sou ausgesinn. An d'Mëtt vum Deeg gouf ee ronne Blech mat engem Duerchmeesser vun zirka 8 cm geschubbst, sou konnt den Deeg iwwerall gut opgon. Et konnten och schéin Tranche geschnidde ginn. Beim Kuch ass och Hief geholl ginn a keen Deessem, well dat war een extraën Deeg.

Zu Schieren bei der Schoul koume Kiermesbuden an nach aner Attraktiounen. Hei konnt een da Sonndes eppes kafen. Mir Bouwen hu gären eng Sprëtz kaaft. Dat war ee klenge Balleg aus Gummi mat enger Düs drunn, déi an engem eise Rank verstoppt war. De Rank huet een iwwer den Index gezunn, an de Balleg an d'Fauscht. An de Balleg hat ee Waasser gedoen, a sou konnt een op d'Lett sprëtzen, a si hunn nit anuescht geholl, wien dat gemeet huet.

An der Huelschéck, op der Plaz, wou d'Spillschoulkanner hir Paus haten, gouf ee Karussell opgeriicht mat Wäschkëschten. Do si mir gären drop gaangen. Et war eng Freed, duerch d'Luucht ze fléien, an deen, deen an der Wäschkëscht hannendru war, huet deem virdrunn ee Stouss ginn, sou datt een héich konnt fléien.

Viviane an Arlette Bley um Karussel vom Henri Schmit ëm 1950

Fir de Sonndeg gouf d'ganz Familljen invitéiert, och déi Lett, déi wäit vu Schiere gewunnt hunn. Wéi ech nach nit op der Welt war, sinn déi Invitéiert dacks 3 oder 4 Deg op der Kiermes bliwwen, well si waren zu Fouss op d'Kiermes komm.

Um Kiermesdësch ass et fir t'éischt eng Rëndfleeschszopp ginn mat Muergkiggelcher dran. Dono gouf et Pastéiten mat Héngerfleesch (dat war typesch, a sou laang ech mech erënneren: et sinn ëmmer Pastéite ginn). An da koum de Brot op den Dësch mat gebrode Gromperen a vill Geméis. Als Dessert: ëmmer eng Äercrème mat Eisekichelcher, selbstverständlech selwer gebak. Et konnt een sech keng Kiermes ouni déi Crème an déi Kichelcher virstellen! Op de Kiermesdësch koum och Wäin, awer nëmmen fir déi Grouss. Nom Dessert ass de Kaffi komm mat Quetsch. Cognac an aner Schnappsen ass et seele ginn.

Mir Kanner hunn awer de Rescht vum Iessen nit ëmmer matktritt, well um 3 Auer war d'Vesper, an och an déi si mir op der Kiermes gaangen.

No der Vesper ass et rëm un den Dësch gaangen. De Kiermeskuch huet jo misse giess ginn. Mam Kuch koum och rëm d'Ham op den Dësch, an déi ass mam Kuch servéiert ginn a Kaffi dobäi.

Owes war dann d'Andacht, an do war d'Kierch rëm voll, an um Ducksall och de Kierchechouer, well et war eng feierlech Andacht. Dono ass et rëm zréck un de Kiermesdësch gaangen. Dat Owesiessen war awer vill méi einfach. D'Rëndfleesch, vun deem mëttes déi gutt Zopp gemeet gi war, ass lo kal servéiert ginn mat enger Moschterzooss an haart Äer uewendrop, a Rondele geschnidden. Grompere duerch d'Passevite gedréint an Salot. Dono Kaffi a vläicht engt Stéck Quetschentaart.

Dono sinn déi jonk Lett danze gaang. D'Musik ass schon no der Vesper ugaang, a déi jong Borschten, waren um Dill, och d'Meedercheer, well soss hätten si nit danze kënnen. Bis an d'Andacht ass gedanzt ginn.

No der Andacht ass dann nach séier ee Maufel giess ginn, sou datt déi meescht sou géint halwer 9 rëm um Dill waren. D'Musek war bei Schwäizech Emile, an och, awer wéineger, beim Fiss an dono bei Meischens Vic, wou fréier de Fiss de Café hat. Op d'Schierener Kiermes sinn déi jong Borschten vun Ettelbréck, Colmer a Bissen komm, well zu Schieren gouf et vill schéi Meedercher.

Fir d'Musik huet gewéinlech eng Harmonika gespillt, an all Tour huet 1 Frang (ëmgerechent: 0,025 € oder 2,5 cent) kascht. Am halwen Tour, huet d'Musik opgehal: d'Koppele sinn am Krees op der Danzpiste gaangen an d'Fra vum Harmonikaspiller huet de Frang vun all Koppel kasséiert. Et konnt een awer och mat 4 Frang een Ticket kafen, dee gouf gepëtzt a mam Ticket konnt een 5 Tier danzen.

Sonndes ass duerchgedanzt ginn bis ronn um 4 Auer méindes muerges. Méindes ass d'Musik och scho nomëttes ugaang, an och bis fréi deen aneren Dag.

Dënsdes war am Nomëtteg keng Danzmusik. D'Danzen ass um 8 Auer ugaang an normalerweis um 1 Auer an der Nuecht war Schluss.

Et muss hei och ernimmt ginn, datt d'Meedercher deemools seele leng „bei de Musik" gaange sinn; sou gouf dat fréier gesot. Gewéinlech ware si begleet vun hiren Elteren oder vum Papp oder der Mamm.

An der Spillschoul

Wa mir 4 Jaer al waren, si mer an d'Spillschoul gaangen. Wat virdru geschitt war, dorun kann ech mech nit vill erënneren.

Ech weess, datt ech als Bébé vill krank war. Dat hat meng Mamm mir gesot. Ech hat Longen- a Rippenfellentzündung, an ech wier nobäi gestuerwen. Dës Krankheet huet nogehalen, bis an d'véiert Schouljaer. Ech hat mech dunn erkritt, awer frot mech nit, wéivill Muertensaaft, Frëschtron, Hunnegwaasser a Mëllech ech all Dag gedronk hunn, an dat bis mindestens 10 Jaer.

Ech ka mech och erënneren, datt meng eelst Schwëster, eist Marguerite, mech heiansdo kräische gedoen huet. Et ass mat mir an d'Gässel gaang, an et huet mech do leng stoe gelooss: ech konnt nach nit leng lafen, an dann hunn ech gekrasch, bis hat mir rëm eng Hand ginn huet.

Wéi gesot, mat 4 Jaer si mir an d'Spillschoul komm. An déi war an der Huelschéck. Dat war wäit fir ee Knirps vu 4 Jaer. Ech mengen, meng Mamm huet mech fir t'éischt dohinner bruecht.

An der Spillschoul ware mir bei der Schwëster Lucie, eng ganz gudd Schwëster, déi d'Kanner och gutt verstan huet. Do hu mir allerhand schéi Saache geléieert: Flechten mat faarwegen Pabeiersträifen an och Bitzen. Mat Nol a Fuedem sinn allerhand Déieren oder Blummen op Pabeier gestach ginn. Et war eng schéin Zäit.

Wa mer äis gutt geschéckt hunn, hu mir Zockerfëngercher kritt. Dat war sou: et huet een de Fanger am Mond naass gemeet, an deen huet een an een Dëppe gestach. Am Dëppe waren ganz kleng faarweg, séiss Krellen. De Fanger huet een dann afgeleckt.

Do hu mir och fir t'éischt anuecht geholl, datt et zweeërlee Lett op der Welt gëtt. Ech erënnere mech, datt mir gären an der Paus engem Meedchen nogelaf sinn. Et war scho 5 Jaer al, an et war ee schéint d'Meedchen: Kaschtel (Stirn) Angèle. Et hat och schéi laangt gewellt, donkelblond Haar. Et konnt séier lafen, a mir Bouwen hannen drunn. Bis d'Schwëster Lucie äis verbueden huet, him nozelafen.

Fir heem ze goen, si mer an der Rei gaangen, an ech erënnere mech, datt ech dee ganze Wee bis bei eist Haus, engt Meedche mat der Hand hat: et housch Marguerite, säi Familjennumm och Fischbach, awer keng Familjen. Et huet am Wee gewunnt, wou et op d'Bunn rafgeet, am Haus wou de Mierscher Benn (Stirn) Limonade gemeet huet.

Dat sinn déi puer Erënnerungen aus der Spillschoulzäit.

Judithe Vic, ongeféier 5 Jaer al,
mat senge Schwësteren Marechen a Marguerite

An der grousser Schoul

Am Alter vu 6 Jaer (gebuer virum 15. September) ass een an eng aner Schoul komm. Dat war nach nit déi grouss Schoul: dat war dat éischt an dat zweet Schouljaer. Do hate mer d'Schwëster Regina. Ech war nit ganz frou mat hir, a si och nit mat mir.

An där Schoul waren d'Jongen an d'Meedercher zesummen. Am 1. Schouljaer ware mir zu 2 Bouwen: Géirense (Goerens) Gust an ech, de Judithe Vic. De Gust war 1921, awer no dem 15. September, gebuer, duefir ware mir an därselwechter Klass. Et ware 7 Meedercher och an där Klass: Schoustesch (Jacoby) Lon, Haris (Bley) Kett, Hannis (Glodt) Lé, Neys Maddel, Hennes Cëss; Lamechs Kett an Haffer (Schmit) Mai. Am zweete Schouljaer ass de Junk op Schiere geplënnert, an an d'Klass vun de Meedercher koum Junks Marianne dobäi.

D'Zensur hu mir awer extra kritt.

Ech hat jo gesot, datt ech bis an d'véiert Schouljaer dacks krank war. Meng Schwëster, d'Marichen, ass da bei d'Schwëster Regina gaang, an huet hir gesot, datt ech krank wier. A si huet g'äntwert: »Ist dein Bruder wieder krank!«

Déi Schwëster war och keng bong. Si hat eng Kléck, a déi huet si dacks gebraucht. Wann ee sech nit geschéckt huet, ass ee geruff ginn, a mat der Kléck huet si de Kanner op déi offen Hand geschloen, an nit ze knapps.

Am 3. Schouljaer ware mir an där grousser Schoul. D'Jongen si bei de Bourkel komm an d'Meedercher bei Schwëster Marguerite-Marie. Eise Schoulmeeschter, de Bourkel Antoine, war och ee strengen Här.

Am 3. Schouljaer, an och déi Jaeren dono, mat Ausnahm vum 7. waren de Gust an ech nimméi leng an der Klass. Mir hunn all Jaer deen een oder deen anere bäikritt, dee sëtze gebliwwe war. Ee Jong, de Numm soen ech nit, soutz déi 5 Jaer an där selwechter Klass, an hien hat dat däitscht Buch vum 2. Schouljaer.

Am 1. an am 2. Schouljaer soutzen d'Klasse schéi beieneen; an der grousser Schoul war dat anescht. Mir soutzen duercherneen. Ech erënnere mech, datt ech am 3. Schouljaer entweder bei Kaschtel (Stirn) Néckel oder bei Lindens Hans soutz, Jongen aus dem 7. Schouljaer. Mir hunn dann alt och matkritt, wann déi aus den héigere Klassen opgefrot goufen. Ech huelen un, dat war d'Taktik vum Bourkel.

De Bourkel, war zwar streng, mee et war een exzellente Schoulmeeschter. Hien hat nit souvill Studie gemeet, wéi déi Schoulmeeschtere vun hett. Hien hat d'Akerbauschoul an zwee Jaer Normalschoul absolvéiert, mee ech si sëcher, hien huet äis Kanner méi bäibruecht, wéi dat hett an der moderner Pädagogik de Fall ass. Am 7. Schouljaer hu mir déi däitsch an déi franséisch Stammzäiten am Dram opgesot.

Fir déi däitsch stongen d'Klassen vum 5., 6. a 7. Schouljaer am Hallefkrees virum Pult a virum Bourkel, deen hannert dem Pult soutz. Hien hat ee Lineal an der Hand, a mir sinn der Rei no opgefrot gin. Wann een ee Feeler gemeet huet, gouf et eng mam Lineal op d'Oueren. Do ware Jongen, deenen d'Oueren herno wéi gedon hunn.

Fir déi franséisch Stammzäiten si mer op der Plaz bliwwen, awr opgestanen. D'Klasse sinn do gesonnert opgeruff ginn. Och ass hei mam Lineal gestrooft ginn, ech mengen, awer nit sou streng. Jiddenfalls woussten dei gutt Schüler nom 7. Schouljaer d'Verbe besser wéi hett ee Student op der Première.

Duerch dem Bourkel säi System, huet all Jong, deen an den Opnahmexamen an de Kolléich op Dikrech gaangen ass, deen Examen liicht gepackt. Hien hat engem Jong gesot: „Du brauchs do nit ze probéieren", an deen huet probéiert, an deen huet den Examen nit gepackt.

De Bourkel war streng, mee gerecht, a mir haten hie gären. Hien huet äis nit nëmmen däitsch, franséisch a rechne geléiert, hien huet sech och ëm de Gesank gekëmmert. An der Schoul huet hien äis mat senger Gei Lidder bäibruecht. A wéi mer an der Caecilia waren, huet hie mat äis stonnelaang déi lithurgesch Lidder geprouft.

De Gesangveräin Cäcilia

De Bourkel war och nach Dirigent vum Kierchechouer Cäcilia, nodem sech de Gesangveräin Liberty vun der Caecilia getrennt hat. An der Cäcilia waren: de Schmatts (Jaeger) Pit, de Kaschtel (Gengler) Alfons a säi Brudder den Hein, de Colbachs Jampier, de Wonesch (Thill) Pier, de Brécke (Schweich) Jeng, de Géirense Franz, Neys Jemp, Luure (Scher) Mett, de Meische Pol an de Melse (Melsen) Lé. Bei de Kanner waren Helbachs Pol, d'Géierense Bridder: de Jos, de Gust an de Pol, d'Meisch-Bridder: de Jemp, de Fél an den Awi an d'Thills Jang, Meyraths Jeng, Baaschte (Gengler) Néckel, d'Melse- (Hoffmann) Bridder: de Lé, de Cam an de Jang. Ech war och an der Cäcilia; ech hat zwar keng schlecht Stëmm, hunn d'Weis awer nëmme behalen, wann ee matgesongen huet oder d'Uergel ee gutt begleet huet.



De Gesangveräin Cäcilia um Concours 1937

Op der Uergel soutz de Schoustesch (Jacoby) Jeng. Hie war nit an der Cäcilia, hie war bei der Liberty bliwwen, an do war hien och Dirigent. Trotzdem soutz hien all moies op der Uergel, fir ze sangen a fir d'Uergel ze spillen. Hien war ee verantwortungsvolle Mënsch.

De Kierchechouer Caecilia ass nit eleng an der Kierch opgetrueden. Neen, de Bourkel ass mat engem gemëschte Chouer op Concourë gaang, a mir hunn nit schlecht afgeschnidden. Dir kënnt Iech nit virstellen, wéivill Aarbecht dat fir een einfachen Duerfschoulmeeschter war!

An déi vill Prouwen, déi gehale goufen plus déi virun Ouschteren, Päischten a Chrëschtdag, meeschtens am klenge Sällchen an der Huelschéck, an di lescht Prouf virun engem Feierdag, an der Kierch.

Mir Kanner sinn no der Prouf gewéinlech direkt heem gaangen; d'Männer sinn am Saal nach bliwwen, an hu mat der Kaart gespillt. Wann d'Prouf an der Kierch war, sinn d'Männer bei Meiesch Hary gaangen an hunn do nach eng Partie Kaart gemeet an ee Pat Greechen oder een Humpe Béier gedronk.

Well de Bourkel am Kieschpelt gebuer war, ass den Cäcilia-Veräin och eng Kéier op Pënsch eng Mass sange gaang. Mir hunn och Exkursioune gemeet.

Nom Krich huet hien vun alle Jongen, déi de Krich erliewt hunn, ee Rapport zesummegestallt a mat der Hand néiergeschriwwen. Dat Buch ass vun senger Duechter Iréne dem Archiv vun der Resistenz zu Lëtzebuerg iwwerreecht ginn.

Eise Schoulmeeschter, de Bourkel Antoine, hätt zu Schieren eng Plakett verdéngt, déi irgendwou un enger Schoul oder un oder an der Kierch misst ubruecht ginn.

Eise Paschtouer

Soubal mir am éischte Schouljaer waren, hu mir misse moies an d'Mass goen. Dat war fréi fir äis kleng Kanner. Well um halwer aacht ass d'Mass ugaang. An do huet keen duerfe feelen. Et dierft ee mol nit ze spéit kommen, dorop huet de Paschtouer, de Majerus, streng gehalen. Also, all Dag um halwer aacht ware mer all an der Mass, och déi Kanner, dären hir Elteren keng grouss Kierchegänger waren.

Ech mengen, Schieren war dem Jean-Pierre Majerus seng zweet Plaz als Paschtouer. Hie war zu Wahl gebuer, an hie war als jonge Kaploun Quatsch d.h. Coadjutor am Jongepensionat an der Stad. Do hat hien och een Numm kritt: de Knuppes. An dat hu mir ze spiere kritt.

De Paschtouer Jean-Pierre Majerus

Hie war ee strengen Här. Fir ee Kand ass et dacks schwéier, eng ganz hallef Stonn roueg ze sëtzen an nit ze schwätzen. A gare lo deem, deen dat nit konnt. Eng fest op de Bak war nach dat wéinegst. Wie méi dacks opgefall ass, koum op d'Kommuniounsbänk sëtzen, an all Schierener Lett hunn dat gesinn. Wiertes war d'Kierch jo nit strubbelvoll, mee sonndes war dat ganzt Duerf an der Houmass, an dann huet een sech geschummt, wann ee leng op där kaler Kommuniounsbänk während der ganzer Mass geknéit huet.

Och am Unterrecht war hie streng. Mir hate jo deemools dräi- oder véiermool pro Woch Religiounsunterrecht. De Majerus huet fir näischt a widdernäischt dragefacht. Ech hat eng Kéier eng op de Bak kritt, ech wees hett nimméi firwat, datt ech op engem Ouer eng Stonn laang näischt méi gehéiert hunn, a mäi Bak war nach rout, wéi ech rëm doheem war. An do huet een nit kënne soen: et war de Paschtouer, soss huet een der nach puer vun der Mamm oder vum Papp dobäi kritt. Dat kann ee Kand vun hett nit verstoen. Awer, sou war dat déi Zäit.

An all Stot gouf et och eng Bierkerutt, an déi huet een narwell dacks ze spiere kritt. Et waren och Haiser, an deenen de Martiny déi Aarbecht iwwerholl huet. De Martiny war ee glate Poul vun ca 40 cm, worunn 5 oder 6 Leederrimmen hongen, déi sou 40 – 50 cm laang waren. De Martiny huet wéi gedon, mee mir hate keen.

Heizou wëll ech awer ee klenge Kommentar man. Mir wonneren äis, datt an der leschter Zäit vis-à-vis vum Léierpersonal déi jong Kanner sou frech sinn, an de Schoulmeeschter oder d'Léierin souguer tätlech ugräifen. Och datt jong Borschten ee Buschauffeur ugräifen an am Zuch frech mam Zuchpersonal ëmginn. Wéi ass dat méiglech? D'Äntwert ass ganz einfach. D'Kanner ginn nimméi erzunn. Si duerfe man, wat se wëllen; et duerf jo keen si ze strofen. Et duerf een nëmme soen: »Net, léiwe Claude, oder léiwe Jeannot, dat duerf een nit ze man. Nedu, mäi Jong, dat mëchs du nimméi.« Dat ass alles, an am nächste Moment ass dat natierlech vergiess. Hie kritt jo keng Strof, an di meeschten Zäit ass hie jo och leng doheem, well d'Mamm, déi fréier op d'Kanner opgepasst an erzugen huet, schafft jo op engem Büro, an owes gëtt dat och nach dacks spéit ier se heem kënnt. Also, ech wonnere mech guer nit, datt déi meeschte Kanner nit déi Erziehung kréien, déi se missten hunn!

Wéi mer an dat 3. Schouljaer komm sinn, konnte mer Massendénger ginn. An dorop ware mir besonnech stolz. Et konnt een awer nëmme Massendénger ginn, wann een de Confiteor auswendeg konnt opsoen. Mir waren zu Schieren sou zu ronn 15 Massendénger. Deemols waren d'Jongen nëmme Massendénger; d'Meedercher nie. Et gouf gesot: ee Meedche kann nit Massendénger ginn, well d'Fralett ëmmer dat lescht Wuert wëllen

hunn, a bei der Mass huet de Paschtouer dat lescht Wuert. Bei de Massendénger gouf et eng Hierarchie. Am Ufank war een de klengen Massendénger an am sechste Schouljaer huet een zu deenen grousse Massendénger gehéiert. Dee grousse Massendénger konnt bei der Wandlung un där décker Schell zéien, dee klengen soutz op dem Treppléck vum Altar an hat de Bord vum Massgewand an der Hand, datt dat nit mam Stëbs vum Buedem a Kontakt koum, wann de Paschtouer sech geknéit huet. Deemools stong de Paschtouer bei der Mass mam Réck zu de Lett.

Mir waren och als Massendénger kleng Näischnotzen. Bei der Mass gëtt jo Wäin gebraucht, an deen huet de Paschtouer all moies an enger klenger gleesener Kännchen (déiselwecht, déi bei der Wandlung a Kommunioun dobäi ass) an d'Sakristei bruecht. Mir hunn, wann de Paschtouer aus der Sakristei war, eng kleng Schlippchen aus der Kännche gedronk a mat Waasser si rëm voll gemeet. Dat huet de Paschtouer bei der Mass nit anuescht geholl, well do ass aus der aner Kännchen jo Waasser mat an de Kelch komm.

Sou streng de Majerus och mat äis Kanner war, hien hat awer och een Häerz fir äis Massendénger. Ouschteren sinn all Massendénger an d'Paschtoueschhaus invitéiert ginn, a mir krouschen d'Ouschteräer. Fir Niklosdag wat et datselwecht an all Massendénger huet vun him de Kleesche kritt.

Nujee, wa mir och mol heiansdo eng zevill erwëscht hunn, si huet äis nit geschued.

Wéi goufe mir opgeklärt

D'Opklärung war jo fréier een Thema, dat komplett tabu war. Ech kann awer soen, datt mir grad sou fréi wéi hett iwwer zimlech alles Bescheed woussten.

Do hu mir déi éischt „knaschteg" Witze gehéiert. Et huet nëmme missen opgepasst ginn, datt keen Erwuessenen dat matkritt huet.

Zu Nidderschieren gouf et zwou Plazen, wou sech d'Schoulkanner versammelt hunn: déi eng, um Eck, wou et an d'Heck ropgeet, an op deem aneren Eck vun der Neier Strooss (hett: Steenerstrooss) . Villes hunn déi méi kleng vun deene méi gousse gesot kritt. Wéi ech am 3. oder 4. Schouljaer war, si Lett aus Däitschland op Schiere geplënnert. Si hunn op der Neier Strooss gewunnt. Si hate puer Kanner; ech mengen 3 Bouwen an ee Meedchen. Déi jéingste Bouf housch Hans, an d'Meedche Maria. Et ware schéi Kanner.

Den Hans war een oder zwee Jaer méi al wéi ech, mee den Hans wousst alles. Hien huet äis gesot a virgemeet wéi et richteg geet. Hien huet äis och d'Mëttel genannt, fir ze verhidden.

Ech si sëcher, eis Elteren hate guer keng Ahnung, wéi mir opgeklärt goufen.

Wéi ware mir gekleet a woumat hu mir gespillt?

1. Eis Kleedung: Ee Knirps an der Spillschoul hat nach keng Gaalgen (Bretellen). Mir haten ee Leifchen mat Knäpp op de Säiten, vir an hannen. Mir haten och laang a gestréckten Huesen, hett seet ee Strëmp dofir. Déi si bis iwwer de Knéi gaangen. Op der Säit haten déi ee Knapp a mat engem breede Lastik sinn d'Strëmp un d'Leifche geknäppt ginn.

A mir haten eng Jumdeckelsbox. Déi war sou gemeet, datt deen hënneschten Deel vun der Box rafgeklappt konnt ginn. Zou war den Deckel mat 3 Knäpp um Leifchen. Ech mengen, do huet d'Mamm äis moies ugedon; well leng konnt ee klenge Bouf all déi Knäpp nit zouman.

Di meescht ware sou ugedon, bis se an dat 1. Schouljaer komm sinn. Ech wees vun engem, deen am 2. Schoujaer nach eng Jumdeckelsbox hat.

Wann ee Sportsstrëmp unhat, ass d'Box bis iwwer den halwe Knéi gaang an d'Strëmp bis just ënnert de Knéi, sou datt vläischt nëmme bëssen vum plakege Knéi ze gesi war. Mee mat Sportsstrëmp konnt een nit an d'Kierch gon. Eng Kéier sinn ech sou an d'Vesper gaang, fir d'Houmass hat ech nach déi laang Strëmp un, a wéi mir rausgongen, sot de Paschtouer zu menger Mamm: „Hat Dir keng aner Fatzen, fir Ärem Fils unzedinn."

Mir haten all ee Pullover an ee Schiertech, an dat bis dacks an 7. Schouljaer.

Jo, ee Schiertech haten d'Jongen an d'Meedercher. Et war souguer ee Jong, hien housch Néckel, deen hat sengt Schiertech nach un, wann hien doheem war, bis op d'Septima am Kolléich zu Dikrech. Dat hate seng Ettelbrécker Komerode rauskritt, an hie gouf de Schiertech-Néckel genannt.

Déi Schierteche konnt ee kafen, gewéinlech sinn se awer am Haus selwer gemeet ginn. Do war eng Fra, déi huet a villen Heiser d'Schierteche gemeet. Et war d'Bitzmärrechen. An all Haus stong deemools eng Bitzmaschinn, an d'Bitzmärrechen huet och d'wiertes Heemer fir déi grouss am Haus zesummegebitzt.

Judithen hiert Haus fréier an hett

2. Eis Spillsaachen. Spillsaachen huet een nëmme vum Kleesche kritt. Déi éischt Spillsaach fir äis Bouwen war ee Baukasten. D'Stécker waren an enger Këscht, a et konnt ee kleng Saache bauen: ee klengt Haus, eng kleng Bréck. Ganz vill war nit domat ze man.

Eng aner Spillsaach koum och an enger Këscht. Dat waren Würfelen, ca 5 op 5 cm grouss. Ech mengen an enger Këscht waren dann 20 sou Würfelen, an op all Säit vun engem Würfel war ee faarwegt Bild gepëscht. An der Këscht louschen och 6 verschidde Bleeder mat faarwege Biller drop: z.B. Kéi, Pärd, Vigel, Kanner, Schof, Heiser. D'Würfelen sinn duercherneen um Dësch verstreet ginn, an d'Kand huet da missen d'Würfelen sou dréinen, datt herno déi 20 Würfelen dat Bild gewisen hunn, wat vun deene 6 Bleeder rausgewielt gi war.

Wéi ee méi grouss war, koum de Mecano. Dat war eppes richteges fir d'Bouwen. Do konnt een seng Fantasie spille loossen.

Een anert beléiwt Spill war: Mensch ärgere dich nicht! Dat konnt een zu 2, zu 3 zu 4 an zu 6 spillen.Fir dat Spill ware mir awer scho bësse méi grouss.

Et ass och mat der Kaart gespillt ginn: de schwarze Péiter. D'Kaarte goufen ausgedeelt: Zu véier huet jidfereen 6 Kaarte kritt. Déi huet een verdeckt deem nächste Spiller duergehall. Wie fir d'lescht de Kräizer- an de Schueppebauer hat, hat d'Spill verluer.

Et ass selbstverständlech och dobausse gespillt ginn. Mat de

Jicken. Et ware ronn, faarweg, aus Lehm gebake Kigelcher. Op de Buedem ass mat engem schaarfe Steng ee Kreess gezuge ginn, an doran huet een ee faarwege Jick aus Glas geluegt. Déi normal Jicken ausserhalb vum Krees. Mam Index huet een de Jick gekickt, a wann een dee faarwege getraff huet, konnt een deen an d'Täsch steechen.

Nach een anert Spill mat de Jicken: gruet oder ungruet. Do huet een um Réck eng gruet oder eng ongruet Zuel Jicken an d'Hand geholl, an dem Matspiller d'Fauscht dohinner gehal, a gefrot: „gruet oder ongruet"? Hat een 5 Jicken an der Fauscht, an de Matspiller hat ongruet gesot, huet ee missen déi 5 Jicken dem Matspiller ginn. Huet deen awer gruet gesot, huet dee misse mat 5 Jicke rausrécken.

Do hu mir och mat de Meedercher gespillt. Zum Beispill: op de Buedem si mat engem schaarfe Steen Véierecken gezuge ginn, an an all Véiereck koum eppes leien: ee Steen, ee Jick, egal wat. Op engem Been ass ee gesprongen, an et huet ee versicht, de Gegestand opzehiewen. Wien nit dobäi dat anert Been gebraucht huet, hat gewonnen.

Da si mer och am Seel gesprongen. Ëmmer ware Meedercher mat vun der Parti. An dobäi ass gesonge ginn:

Männlein,Männlein, dreh' dich um
Männlein, Männlein, mach' dich krumm
Männlein, Männlein, zeig' dein' Schuh,
Männlein, Männlein, wie alt bist du?
Eins, zwei drei, vier fünf a sou weider…

Dobäi huet een et da missen fäerdeg brengen, de Fouss opzehiewen, sou datt d'Suel vum Schong ze gesi war. Wien am längste op engem Been sprange konnt, ouni ze falen oder um Seel hänken ze bleiwen, hat gewonn.

De Vic mat sengen Bekannten aus den Enrôlés de Force Schieren

Mir hunn och mam Reef gespillt. Gewéinlech war dat ee Reef aus Holz, deen ee kaaft huet. Mat engem klenge Bengel ass de Reef gedriwwe ginn, an de Bouf hannendrunn. Et huet een och mol eng Felge vun engem Velo kritt. Dat war scho besser.

Et ass och mat der Giitsch gespillt ginn. Ee klenge Poul, zu zwou Säite gespëtzt, gouf mat der Halschent op een décke Steng geluecht. Mat engem anere Poul huet een op déi aner Halschent gehaen, an d'Giitsch ass duerch d'Luucht geflunn. Dat war awer geféierlech: et hätt een ee kënnen um Kapp treffen oder souguer an d'Aen. Dat ass dunn och verbuede ginn.

Dann hu mir och mam Dapp gespillt. Deemools konnt een oni Gefar op der Strooss spillen, well zu där Zäit sinn dee ganzen Dag héchstens 20 Autoen duerch eist Duerf passéiert. Mam Dapp konnt een awer nëmmen um Macadam spillen. An dee gouf et zu menger Kannerzäit zu Schieren nëmmen bis bei Tubakspënnesch Jängy (Fischbach Jean), mäin Dafpetter. Bis bei d'Huelschéck war et ee knubbleche Pavé. A vun do bis aus dem Duerf raus kleng Pavésteng aus Granit.

Wann am Summer d'Touristen mam Velo aus dem Éisléck oder vun der Bourschterrmillen rëm heem gefuer sinn, hu se geflucht, wann se op déi grouss a knubblech Pavésteng komm sinn. „Dat houert Schieren" hu si geflucht. Op de klenge Pavésteng ass de Velo gutt gelaf, mee mam Dapp konnt een nit dorop spillen.

Mir hu Blinde Kuh, Stoppes a Reiber a Gendarm gespillt. Dacks bei äis am Haff an de Ställ an an de Scheieren. Do war vill Plaz. Et ass awer och een Ongléck geschitt. De Kostesch Mars ass vun der Denn raf neewent de Koup Hee gesprong. Hien huet sech nach mat den Äerm afgestäipt, awer déi zwéin Äerm huet hie gebrach. Hie koum an d'Klinik, an d'Äerm goufe rëm zesummegefléckt. Ech mengen, dono huet mäi Papp äis verbueden, an eisem Haff ze spillen.

Wéi mir sou 10 Jaer al waren, hu mir äis eng Schleider gezammert. Mir hu missen an engem Bam een Zweig fannen, deen eng Gafel gebild huet. Dat Stéck gouf rausgeschnidden, d'Schuel vum Holz rafgeklappt. Et huet ee bësse gewaart, bis d'Holz drëche war. Vun engem Velosschlauch hu mir zwee Rondele raf- an opgeschnidden, a sou hate mir de Lastik. Vun engem ale Schong nach ee klengt Stéck Leeder an dann nach bësse Ficelle. Lo hat een alles zesummen, an d'Schleider konnt gemeet ginn.

An d'Leeder gouf ee klenge Steng geluegt, an domat hu mir Bouwen op d'Spatze geschoss. Ech ka mech nit erënneren, datt ech ee getraff hunn. Mee, do waren aner Saachen, déi sech nit bewegt hunn, an déi hu mir getraff: d'Leeën oder d'Zillen vun engem Daach, eng Kellerfënster an och d'Parzelläinsdëppercher vun den elektreschen Stroumpotoën. Vill Rauten sinn mat där Schleider kapott geschoss ginn.

Ech ka mech erënneren, datt ech een Zillendaach gehollef hu bezuelen: Do ass dann d'Spuerbécks ëmgedréint ginn, an dat huet wéi gedon!

D'Bouwen aus dem Faubourg

Den Zillendaach bréngt mech op eng aner Saach: D'Klick Bouwen aus dem Faubourg. Mir Bouwen hunn dacks Saache gestiicht, wou ech mech hett nach driwwer schummen. Nujee, mir waren ebe Bouwen, an zu där Zäit gouf et keng Televisoun, a mir ware schonn ze grouss fir nach mat de Jicken ze spillen.

Et gëtt jo gesot, datt d'Kanner grausam sinn. An dat ware mir. Wann ech soe mir, da waren dat: den Haris (Bley) Jemp, d'Helbachs Pol, Haris (Lanners) Jeng an ech, de Judithe Vic. De Lopesch (Kirsch) Félix war nit dobäi; dee war méi streng gehalen.

Mir hunn der vill gestiicht. Kanner kënnen jo nëmmen deenen eppes stiichten, déi méi schwaach si wéi si. An op déi hate mir et afgesinn. Do war fir t'éischt d'Gréideli. Dat war eng al Fra, déi vis-à-vis vun äis gewunnt huet. Wéi si nach méi jonk war, hat si ee Café. Ech ka mech nëmme ganz schwaach dorunner erënneren. Ech weess awer, datt an deem Café ee Käfeg un der Mauer hong mat engem Villchen dran. Mäi Papp hat mech heiansdo matgeholl, an do hunn ech dann eng Framboise (Grenadine mat Waasser) ze drénke kritt.

D'Haus vun der Madame Terens, dat war de Familjenumm vum Gréideli, war dat lescht Haus an enger Rei Haiser, déi lo nimméi do stinn, riicht riwwer vu mengem Heemechshaus. Dat war an Hengen (Wagner, wou meng Grousseltere gewunnt hunn), da koum a Fritzen (Schroeder), dono an Dasbourgs an am leschten Haus huet d'Gréideli gewunnt.

Wéi mir mam Gréideli eis Dommheeten gemeet hunn, hat si awer schonn ee Strapp kee Café méi.

Déi Fra huet schlecht gesinn, an zu där Zäit hat nit all Mënsch e Brëll, och wann d'Ae schlecht waren. Sou war si eng Kéier aus dem Haus. Mir, dat heescht de Jemp, de Pol an ech haten dat gesinn. Haris Jemp hat Neel an der Täsch, an déi Neel si fest an d'Schlëssellach gestouss ginn.

Mir soutzen op der Lauer, fir ze kucken, wat d'Gréideli lo géif maachen. D'Fra koum bei d'Dier, mee mam Schlëssel koum si nit an d'Schlëssellach ran. Wann d'Gréideli ee Problem hat, ass si ëmmer bei meng Mamm, d'Judithe Gréitche, gelaf. Och dës Kéier. Meng Mamm ass riwwer mat kucke gaang, an do huet si gesinn, datt een d'Schlëssellach zougestoppt hat. „Do kann nëmmen den Hanni (Glodt Jean) hëlleffen", sot si. Meng Mamm huet dem Hanni telefonéiert, an den Hanni huet d'Neel mat enger Zaang rausgezunn.

Dës Affaire hat ee Nospill. Irgendwéi ass de Bourkel gewuer ginn, wien déi Saach verbrach hat: mir krouschen eng Strof, an den Haris Jemp krousch een Numm vum Bourkel: de Klautjen (cloutier op franz.)

De knubbelegen Schierener Pavé

Eng Kéier hu mir och där gudder aler Fra d'Gromperen ugestrach. Hannert hirem Haus ass een an ee klenge Raum komm, wou Biesem, eng Schëpp a Biischte stongen. Do hat si och hir Gromperen. Et stongen och Dëppercher mat Faarw do, eng Biischt hu mir fonnt, an een Eemer Grompere sinn ugestrach ginn.

Deemools waren un de Fënstern jo keng Rollluedden mee Fënsterluedden. Am Do waren déi opgeklappt. Mir hunn dann d'Luedden zougeklappt, a bëssen drop ass d'Gréideli rausgesprong an huet se rëm opgemeet. Si huet eng Fauscht gemeet, mee si wousst nit, wien d'Lueden zougeklappt hat.

Bei engem aneren Haus hu mer eng Ficelle un d'Klensch vun der Dier an un eng Fënsterlued gestréckt. Ee vun äis huet un d'Dier geklappt, Schelle sinn et jo deemools nach nit ginn, an da séier ëm den Eck. D'Hausfra huet d'Dier opgemeet an zu gläicher Zäit ass d'Fënsterlued zougaang. Mir hunn dann heemlech gelaacht, wa mir de Kaméidi an d'Fluche vun der Fra héieren hunn. Mir hunn dat och ëmmer nëmme gemeet, wa mer sëcher waren, dat kee Mann am Haus war.

Ech hat jo scho gesot, datt ech meng Spuerbécks ëmgedréint hunn, fir een Daach ze bezuelen. Do haten déi aner awer och matgehollef.

Mir haten nach een Haus am Bléck. Ech soen awer nit wéi engt. Et lousch och nit am Faubourg. Mir hu Kräsi géint d'Fënstere gehäit a si schnell verschwonnen. D'Fra koum aus dem Haus gelaf: si huet näischt gesinn, an huet vläicht geduecht, et wier ee Vugel géint d'Fënster geflugen. Mir hunn dann datselwecht rëm gemeet. A mir hunn äis de Bauch voll gelaacht, wann d'Fra sech iwwer déi schlecht erzuge Kanner geiergert huet.

De Schoulmeeschter Antoine Bourkel

Mir haten och eng Kéier an enger jonger Dänneplanzung Feier geluegt. Dat Feier konnt awer geläscht ginn, an et ass nit rauskomm, wien dat gemeet hat.

De Meyraths Jängy huet zwar nit zum Faubourg gehéiert, mee hien hat et fauschtdéck hannert den Oueren. Den Cäcilia-Veräin hat d'Prouf virum engem Fest an der Kierch gehat. Dono sinn d'Männer gewéinlech bei Meiesch Hary gaangen. An do hat de Jängy eng Iddi. Säi Papp war jo Schnedder. Et war liicht fir de Jängy vun enger Bobine ee laange Fuedem Zwir rafzewéckelen. Datselwecht fir eng Nol an ee Knapp am Bitzkuerf ze fannen. Duerch d'Lach uewen an der Nol gouf den Zwir gezunn an de Knapp gouf mam Zwir uewe fest un d'Nol gebonnen.

Wéi d'Männer all am Wirtshaus verschwonne waren, ass de Jängy iwwert Strooss an zur grousser Fënster geschlach, an huet zwëschen der Raut an dem Mastik d'Nol ragedréckt. Den Zwir ass duergaang fir domat hannert der grousser Zypress (déi stong dunn nach do) ze verschwannen.

Dohanner lousche mir. Et huet ee vun äis um Zwir gezupft, sou wéi een dat mat enger Säit vun enger Gei mécht. Um Glas vun der Fënster hunn d'Lett am Wirtshaus héieren klick, klick, klick, oder bing, bing, bing je nodeem, wéi fest een um Zwir gezibbelt huet.

Am Café ass et roueg ginn, d'Dier ass opgaangen a Meiesch Fraass koum raus. Si huet d'Strooss op- an d'Strooss afgekuckt, a sot: „Do ass keen, ech gesinn näischt!" Kaum war d'Dier zou, hu mit rëm um Zwir gezupft. Du koum den Hary raus. Hien huet och d'Strooss op- an d'Strooss afgekuckt, a sot: „Do ass keen, ech gesinn näischt!" Mir hunn äis d'Panz voll gelaacht, a kaum war d'Dier rëm zou, ass rëm um Zwir gezupft ginn. Lo war et ganz roueg am Café, mee déi Kéier koum de Bourkel raus. Hien huet och bëssen d'Strooss op- an d'Strooss afgekuckt, mee dunn ass hien der Saach op de Fong gaangen. De Klick koum jo vun der Fënster hier, da muss een eben och bei der Fënster kucken. Hien huet direkt d'Ursaach entdeckt, d'Nol, de Knapp an den Zwir, deen iwwer d'Strooss an de Kierchgärtche hannert d'Zypress gezuge war. Hie wousst och, wien hannert der Zypress soutz.

Mir krouschen an der Schoul dës Kéier keng Strof. Ech mengen, hien huet geduecht: dat war mol guer nit sou schlecht. Dozou huet een Iwwerleeung gebraucht.

Jo, mir ware richteg Bouwen, awer, dat wëll ech betounen: mir waren ni frech, nit vis-à-vis vun eisen Elteren, vun eisem Léierpersonal an all aner Lett, och wa mir der gestiicht hunn.

Domat wëll ech meng Erënnerungen aus der Kannerzäit afschléissen. Et liewen nach Lett, déi sech nach gutt un déi Zäit virum 2. Weltkrich erënneren, an si denken och, vläicht mat enger gewësser Nostalgie, un déi Zäit zréck.

Ech hunn déi Erënnerungen zesummegestallt, aus Léift fir mengt schéint Heemechsduerf Schieren.

Vic Fischbach

Ech soe mengem Schoulkomerod, Géirense Gust, merci. Hien huet mech nach op verschidde Nimm a Saachen gestouss.

MANIFESTATIOUNSKALENNER 2011
OKTOBER - DEZEMBER

DATE		GENRE	SOCIETE
Oktober			
Samschdeg	01.10.11	Italieneschen Owend	Chorale Caecilia
Sonndeg	09.10.11	Kommemoratiounsdag	Zwangsrekrutéiert
Sonndeg	16.10.11	Dag vum 3. Alter	Frënn vum 3. Alter
Samschdeg	22.10.11	Quizowend mat den Verainer	Musek
Sonndeg	23.10.11	Floumaart mat Kaffisstuff	Poréquipe
November			
Freideg	18.11.11	Generalversammlung	Tennis
Samschdeg	19.11.11	Generalversammlung	Musek
Freideg	25.11.11	Bayreschen Owend	Basket
Samschdeg	26.11.11	Adventsfeier	Fraen an Mammen
Dezember			
Samschdeg	03.12.11	Niklosfeier	Gemeng mat der Musek
Sonndeg	04.12.11	Bärbelfeier	Pompjeeën
Méindeg	05.12.11	De Kleeschen kënnt an d'Haiser	Jugend
Samschdeg	10.12.11	Generalversammlung	Gaart an Heem
Mëttwoch	14.12.11	Chrëschtfeier	Frënn vum 3. Alter
Samschdeg	24.12.11	Gléiwäin	Fraen an Mammen

Source: Agenda 2011 vun der Kultur- a Sportskommissioun